N° 68 | JANUAR 2025

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Januar 2025

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
D'Kommissioune vun der Gemeng
D'Veräiner aus der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech

**Layout**
Gemeng Fëschbech

**Cover**
E Routbrëschtchen
vum Jessica DURIEUX

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, Rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***

FSC
RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C179465

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate
Notre impact. Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655

**GEMENG**

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
- Jobs d'étudiants 2025 11
- Mobilitéit a menger Gemeng 13
- Windpark Mersch 14
- Service de Proximité 15
- Parken - Wie geht das? 16
- Population - État Civil 2024 20
- Hochzäiten 2024 21

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
- Integratiounsowend 23
- Kommemoratiounsdag 24
- Kaffisbuffet 2024 25
- Chancegläichheet 26
- Auditioun vun der Museksschoul
- Guide du citoyen 27
- Biergerbedeelegungsversammlung 28
- Adventsfënsteren 30

**SERVICE TECHNIQUE**

Realisatiounen 2024 34

**NATUR & KLIMA**

Holz vun hei 42
Klimapakt: Visitte vum Agri-PV-Park 45
European Geoparks Conference 46
Die Trinkwasserversorgung im Müllerthal 51
Naturpakt: Bronze Zertifizierung ist erreicht 52
Dag vum Bam 53
Bamplanzaktioun 54

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

Aktivitéiten an der Angsber Schoul 56
Léiwe Kleeschen ... gudde Kleeschen 62
Aktivitéiten am Kuebenascht 66
Aktivitéite bei de Kueben 68

**WAT WAR LASS?**

Ausfluch an d'Grotte de Han 76
30 Joer ACFL 77
Journée du Grand-Âge 78
Kéisowend 80
't ass Kiermes am Duerf
Kiermesham 81
Krimi-Dinner fir 60 Joer Theaterveräin 82
Cäciliefeier 83

**MIR GRATULÉIEREN & AGENDA**

Gebuertsdag Mich Daems 84
Gebuertsdag Cornelis van der Horst 85
Agenda 2025 86

# Virwuert



Léif Alleguerten,

2025 ass grad gestart mat villen Erausfuerderungen, Projeten a Chancen. Am Numm vum Gemengen- a Schäfferot wënschen ech iech all Gesondheet a Freed mat äre Léifsten am neie Joer. En neit Joer, een Opbroch an eppes Neies, ass a mengen Aen, eng gutt Geleeënheet, fir de Leit ze gedenken, déi eis fir ëmmer verlooss hunn. Nieft dem Verloscht an der Trauer hale mir eis Erënnerungen un déi léif verstuewe Mënschen no enger gewëssener Zäit awer duerch eis Sënner um Liewen – sief et duerch Erënnerungen u kleng Momenter zesummen, de Goût, de Geroch, e Kleedungsstéck, oder änleches.

Positiv Erënnerunge an eisem Liewensëmfeld schafen ass eng essentiel Aufgab, fir zouversiichtlech an d'Zukunft kucken ze kënnen.

Hei e kuerzen Ausbléck vun den Aufgaben, déi op eis Gemeng zoukommen: d'Erschléissung vun enger neier Quell, den Ofschloss vun der Planungsphase „Um Béchel“, d'Aweiung vum nationale Geosite 2025 zu Fëschbech, d'Reorganisatioun an d'Planung vun der Erweiderung vun eisem Schoulcampus zu Angelsbierg, d'Planung vun eiser neier Gemeng zu Fëschbech, d'Planung an den Amenagement vun engem Gemengenterrain mat Biergerbedeelegung, d'Renovatiounsaarbechten un de Sportsinfrastrukture vum FiLaNo an der Fiels, de Bäitrëtt un de CIGR Mëllerdall – interessant ë.a. fir eis Matbierger/innen ab 60 Joer, fir Aarbechte ronderëm d'Haus zu engem vergënschtegten Tarif gemaach ze kréien... Jo, et bleift nach vill ze dinn, an dëst ass sécherlech nach laang net alles.

An dësem Gemengeblat hutt dir wéi gewinnt d'Méiglechkeet, fir e klengen Iwwerbléck ze kréien iwwert d'Aktiounen an a ronderëm d'Gemeng Fëschbech, dëst, fir Erënnerungen festzehalen an d'Verbonnenheet zwëscht eiser Ëmwelt an eise Matmënsche visibel ze maachen.

De Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengen- a Schäfferot, dem Gemengepersonal, dem Fierschter, de Commissiounen, de Veräiner, dem Léierpersonal an dem Personal vun eise Betreiungsstrukturen an all deenen, déi duerch hir Beiträg eist Gemengeblat mat Erënnerunge beräicheren, e grousse Merci an e „Weider esou!“.

Chers citoyens,

2025 vient de commencer avec beaucoup de défis, de projets et de chances. Au nom du Conseil communal et du Collège des bourgmestres et échevins, je vous souhaite santé et joie avec vos proches pour la nouvelle année.
Un grand Merci à tous ceux qui soutiennent de façon active la publication de ce bulletin communal.

Dear citizens,

The year 2025 has just begun with many challenges, projects and opportunities. On behalf of the local council and the council of mayors and aldermen, I wish you health and happiness with your loved ones for the new year.
A big thank you to all those who actively support the publication of this municipal bulletin.

Caros cidadãos,

O ano de 2025 apenas começou com muitos desafios, projetos e oportunidades. Em nome da Câmara Municipal e do Conselho de Prefeitos e Vereadores, desejo-lhe saúde e felicidade com os seus entes queridos no novo ano.
Obrigado a todos aqueles que apoiam ativamente a publicação deste boletim municipal.

Liebe Mitbürger und Mitbürgerinnen,

Das Jahr 2025 hat gerade begonnen, viele Herausforderungen, Projekte und Chancen stehen vor uns. Im Namen des Gemeinde- und Schöffenrats wünsche ich Ihnen für das neue Jahr Gesundheit und viel Freude im Kreise Ihrer Lieben.
Ein großes Dankeschön an alle, die die Veröffentlichung dieses kommunalen Mitteilungsblatts tatkräftig unterstützen.

*Dan MOURA*
*Schäffen*

# Gemengerotssëtzungen

A moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Décisioune eestëmmeg geholl.

## Séance publique du conseil communal du 9 octobre 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

Excusés: BROSIUS-KOLBER Marianne, conseillère

Le conseil communal approuve des titres de recette portant sur un montant de 2.129.925,47 €.

De Gemengerot hëlt Einnamen an Héicht vun 2.129.925,47 € un.

Le conseil décide de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2024 avec un effet positif de 74.340 € sur le boni théorique en fin d'exercice.

De Conseil passt den ordinäre Budget vum Joer 2024 un, wat e positiven Effekt vun 74.340 € op de viraussiichtlechen Iwwerschoss huet.

Le point concernant la mise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Béchel » à Angelsberg est reporté.

D'Entscheedung fir de Feldwee "Béchel" zu Angelsbierg a Stand ze setzen gëtt verréckelt.

Le conseil approuve un devis en hauteur de 155.000 €, ainsi que le crédit extraordinaire supplémentaire nécessaire pour l'agrandissement et le réaménagement de l'aire de stockage près de l'atelier communal à Schoos.

De Gemengerot hëlt en Devis an Héicht vun 155.000 € un a stëmmt gläichzäiteg de néidegen ausseruerdentlechen Kredit fir d'Vergréisserung an den Ëmbau vun der Stockageplaz beim Gemengenatelier.

Le conseil communal approuve un devis de 70.000 € pour des modifications ponctuelles au PAG (Plan d'Aménagement Général) et approuve le crédit supplémentaire nécessaire de la même somme.

De Conseil stëmmt engem Devis an Héicht vu 70.000 € fir punktuell Modifikatiounen um PAG zou a stëmmt den dofir noutwennegen zousätzleche Kredit.

Le conseil approuve le devis concernant le renouvellement de la conduite de refoulement entre le réservoir d'eau potable à Schoos et la source « Débicht » s'élevant à 875.000 €.

De Conseil hëlt den Devis fir d'Erneierung vun der Drockleitung zwëscht dem Drénkwaasserbaséng zu Schous an der Quell "Débicht" an Héicht vun 875.000 € un.

Le conseil approuve le devis concernant le renouvellement de la source « Débicht » s'élevant à 1.850.000 €.

De Conseil approuvéiert den Devis betreffend d'Erneierung vun der Quell "Débicht" an Héicht vun 1.850.000 €.

Le conseil approuve deux avenants aux contrats de travail, signés avec les dames Laëtitia Dieterlen-Vanhamme et Tessy Erpelding, dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

De Conseil approuvéiert zwou Upassungen un Aarbechtsverträg mat den Damme Laëtitia Dieterlen-Vanhamme an Tessy Erpelding, als Begleedung am Schoulbus.

Le conseil communal approuve le rectificatif de la convention Bummelbus 2025.

De Gemengerot approuvéiert eng Adaptatioun vun der Konventioun iwwert de Bummelbus fir 2025.

Avec 5 voix pour, deux abstentions (MM. Eric Durrer et David Jaworski) et une voix négative (M. Kevin Olinger), le conseil approuve un avenant à la convention avec la Croix-Rouge luxembourgeoise dans le cadre d'un projet de construction de 25 unités d'habitations.

Mat 5 Stëmmen dofir, zwou Enthalungen (Hären Eric Durrer an David Jaworski) an enger Stëmm dergéint (Här Kevin Olinger), hëlt de Conseil eng Ännerung vun der Konventioun mat der Croix-Rouge, am Kader vun engem Bauprojet mat 25 Wunnunitéiten, un.

Le conseil approuve la convention relative au « Club Senior Uelzechtdall ».

De Conseil hëlt d'Konventioun betreffend de "Club Senior Uelzechtdall" un.

Dans le cadre du Pacte Nature, le conseil ratifie les décisions du collège échevinal portant sur
- l'adoption d'un choix concernant l'âge de coupe des hêtres et chênes et
- une liste de contrôle et son application concernant les bâtiments communaux et les PAP respectueux de la nature.

Am Kader vum Natur Pakt heescht de Conseil follgend Entscheedunge vum Schäfferot gutt:
- d'Upassung vum Fällalter fir d'Bichen an d'Eechen ;
- eng Checkléscht fir naturfrëndlech Gemengegebaier a PAP'en.

Le conseil émet son accord de principe d'adhérer au service de proximité «d'Heinzelmännercher», ainsi qu'au projet « Rent a Bike Mëllerdall» du CIGR Mëllerdall.

De Conseil gëtt den Accord de Principe fir dem Noperschaftsdingscht "d'Heinzelmännercher" an dem Projet "Rent a Bike Mëllerdall" vum CIGR Mëllerdall bäi ze trieden.

À cinq voix positives et trois voix négatives (MM. Eric Durrer, David Jaworski et Kevin Olinger), le conseil décide la répartition du congé politique supplémentaire de 6 heures par semaine comme suit :
- 2 heures par semaine à Monsieur Lucien Brosius,
- 2 heures par semaine à Monsieur Daniel Moura,
- 2 heures par semaine à Monsieur Laurent Schiltz.

Mat fënnef Stëmmen dofir an dräi Stëmmen dergéint (Hären Eric Durrer, David Jaworski a Kevin Olinger), verdeelt de Conseil déi 6 zousätzlech Stonne Congé politique :
- 2 Stonnen d'Woch fir den Här Lucien Brosius,
- 2 Stonnen d'Woch fir den Här Daniel Moura,
- 2 Stonnen d'Woch fir den Här Laurent Schiltz.

Le conseil accorde un subside de 250 € au SCAP - Service de Consultation et d'Aide.

De Conseil accordéiert dem Service de Consultation et d'Aide (SCAP) e Subsid vun 250 €.

Avec 7 voix pour et une abstention (M. Marc Simon), le conseil adopte les statuts de l'association « Natur, Liewensqualitéit a ländleche Charakter ».

Mat 7 Stëmmen dofir an enger Enthalung (Här Marc Simon), hëlt de Conseil d'Statute vun der Associatioun "Natur, Liewensqualitéit a ländleche Charakter" un.

Communications diverses
- Le bourgmestre informe le conseil du courriel de la SOLER qui précise qu'uniquement deux éoliennes du parc éolien Mersch seront érigées. Le début des travaux d'infrastructure est prévu à partir du 30.09.2024.
- Le collège échevinal demande l'avis du conseil sur la possibilité de proposer le nettoyage porte à porte des poubelles dans la commune. L'avis du conseil est négatif.
- M. David Jaworski informe le conseil que le budget du Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile (SIPMAD) a été voté et que les données ont été transmises à la recette et au secrétariat communal.

Verschidde Matdeelungen
- De Buergermeeschter informéiert de Conseil iwwert eng E-Mail vun der SOLER wou et heescht, dass nëmmen zwee Wandrieder vum Wandpark Miersch gebaut wäerte ginn. Den Ufank vun den Aarbechten ass ab dem 30.09.2024 virgesinn.
- De Schäfferot freet de Conseil em seng Meenung op d'Gemeng soll ubidden d'Poubelle bei der Haus zu Haus Sammlung mat botzen ze loossen. De Gemengerot ass dergéint.
- Den Här David Jaworski informéiert de Conseil driwwer, dass de Budget vum SIPMAD (Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile) gestëmmt gouf an un d' Gemeng weider-

- M. Dan Moura, représentant au Natur- & Geopark Mëllerdall, fait un bref résumé de son déplacement à la 17ème conférence des géoparcs européens en Islande. Un accord de coopération entre le NGPM et des géoparcs belges et néerlandais a été signé sur place.

geleet gouf.

- Den Här Dan Moura, Vertrieder am Natur- a Geopark Mëllerdall, mécht e kuerze Resumé vu senger Rees op déi 17. Konferenz vun den europäesche Geoparken an Island. Op der Plaz gouf ë Kooperatiounsofkommes zwëscht dem NGPM an de belschen an hollännesche Geoparken ënnerschriwwen.

# Séance publique du conseil communal du 27 novembre 2024

| | |
|---|---|
| Présents: | BROSIUS Lucien – bourgmestre ;<br>MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;<br>BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers |
| Excusés: | / |

Le collège des bourgmestre et échevins présente le plan financier pluriannuel modifié.

Le conseil communal approuve un devis relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale et de nettoyage du fossé aux lieux-dits :
« Groëknapp » à Weyer
« Direpsesch » à Koedange
« Direpsesch » à Koedange
« Mittelwies » à Angelsberg
au montant total de 172.000 €.

Le conseil approuve le décompte final pour la remise en état du chemin rural « Hinter dem Schiedchen » à Weyer avec une dépense effective de 43.212,28 €.

Le conseil approuve le plan d'aménagement particulier « um Béchel » à Angelsberg, ainsi que la convention y relative, signée avec les promoteurs du projet.

Le conseil approuve des actes notariés concernant
- l'acquisition de deux parcelles boisées à Schoos ("in Pehkend") pour 20.000 €, et
- l'échange de parcelles situées à Angelsberg ("rue de Mersch").

Le conseil approuve la convention de collaboration signée avec le CIGR Mëllerdall asbl et nomme Monsieur Dan Moura comme représentant au Conseil d'Administration du CIGR Mëllerdall.

Le conseil communal approuve le retrait de la commune de la Vallée de l'Ernz du Syndicat pour la création d'un Parc Naturel dans la région du

De Schäfferot presentéiert de modifizéierte « Plan pluriannuel financier ».

De Gemengerot approuvéiert en Devis betreffend d'Astandsetzung vu Feldweeër an d'Botze vun de Grief op follgende Plazen:
« Groëknapp » zu Weyer
« Direpsesch » zu Kéideng
« Direpsesch » zu Kéideng
« Mittelwies » zu Angelsbierg
an dëst fir 172.000 €.

De Conseil hëlt den Decompte vun 43.212,28 € u fir d'Astandsetzung vum Feldwee "Hinter dem Schiedchen" zu Weyer.

De Rot approuvéiert de PAP "Um Béchel" zu Angelsbierg, sou wéi déi dozougehéierend Konventioun mam Promoteur.

De Conseil hellt zwee Nottärsakten u betreffend
- de Kaf vun zwou Bëschparzellen zu Schous ("in Pehkend") fir 20.000€, an
- den Tosch vu Parzellen zu Angelsbierg.

De Conseil akzeptéiert Konventioun mat der ASBL CIGR Mëllerdall an ernennt den Här Dan Moura als Vertrieder an de Verwaltungsrot vum CIGR Mëllerdall.

De Gemengerot stëmmt zou, dass d'Ärenzdallgemeng aus dem Syndikat fir d'Schafe vun engem Naturpark an der Regioun Mëllerdall austrëtt.





Mullerthal.

Le conseil décide à accorder une subvention de 500€ aux associations suivantes :
- Club des Jeunes Angelsberg asbl
- Amicale Maarkollef Fëschbech
- « Fëschber Nopeschfest » asbl
- Wiichtelcher vu Schous
- Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech
- Theaterveräin Fëschbech, Schous, Angelsberg asbl
- Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

Communications diverses
- M. Dan Moura annonce que l'administration communale de Fischbach a obtenu la certification Pacte Nature de 50 %.
- Mme Isabel Fernandes informe que le CIPA de Junglinster sera agrandi. Le CIPA de Mersch demande à une commune membre de céder une chambre à Colmar-Berg.
- M. David Jaworski confirme que le repas sur roues est toujours assuré par SERVIOR. Dans le cadre du LEADER, la commune pourra bénéficier d'un support pour le développement rural.
- Madame Marianne Brosius-Kolber informe qu'elle a été contactée dans le cadre de la vente d'un bois situé à proximité du Plankenhaf pour un montant de 300.000 €. Monsieur Luss Brosius explique que le terrain n'était pas éligible à un co-financement de l'ANF, ce qui rendait l'achat peu attractif. Elle signale aussi que l'auto-pédestre entre Koedange et Weyer est difficilement praticable après des averses et demande de vérifier l'entretien. Enfin, elle annonce qu'un concert d'inclusion aura lieu le 19 juin 2025 au Trifolion, en collaboration avec LEADER Mëllerdall et la fondation EME.
- M. Marc Simon annonce que le Natur- & Geopark Mëllerdall prévoit d'acheter une bineuse de désherbage, cofinancée à 75 % par l'Administration de la Gestion de l'Eau, et de poursuivre un projet pilote utilisant un drone pour semer des cultures intermédiaires, réduisant le lessivage des nutriments.
- M. Luss Brosius informe que plusieurs emprises, notamment celles de la « rue de Rollingen » à Schoos, seront régularisées d'ici fin 2025.

De Conseil accordéiert follgende Veräiner eng Subventioun vu 500€:
- Club des Jeunes Angelsberg asbl
- Amicale Maarkollef Fëschbech
- « Fëschber Nopeschfest » asbl
- Wiichtelcher vu Schous
- Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech
- Theaterveräin Fëschbech, Schous, Angelsberg asbl
- Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

Verschidde Matdeelungen
- Den Här Dan Moura deelt mat, dass d'Gemeng Fëschbech d'Zertifikatioun vu 50% vum Naturpakt krut.
- D'Madamm Isabel Fernandes informéiert, dass de CIPA Jonglënster vergréissert gëtt. Den CIPA Miersch freet ob eng vun de Membersgemengen kéint en Zëmmer un d'Gemeng Colmer-Bierg oftrieden.
- Den Här David Jaworski confirméiert, dass d'Iessen op Rieder nach ëmmer iwwert SERVIOR assuréiert gëtt. Am Kader vum LEADER kann d'Gemeng bei der ländlecher Entwécklung ënnerstëtzt ginn.
- D'Madamm Brosius-Kolber informéiert, dass si kontaktéiert gouf fir e Bësch an der Géigend vum Plankenhaff fir 300.000 € ze kafen. Den Här Luss Brosius erklärt, dass den Terrain net ka vun der ANF co-finanzéiert ginn an de Kaf doduerch net interessant wier. Sie seet, dass den Trëppelwee zwëscht Kéideng a Weyer duerch Onwieder an engem schlechtem Zoustand ass an dass misst duerno gekuckt ginn. Dann deelt si nach mat, dass am Trifolion den 19. Juni 2025 en Inklusiounsconcert, an Zesummenaarbecht mam LEADER Mëllerdall an der Fondatioun EME, wäert stattfannen.
- Den Här Marc Simon bericht, dass den Natur- & Geopark Mëllerdall eng Kappmaschinn fir d'Onkraut mechanesch ze bekämpfe kafe wëll, déi zu 75% vum Waasserwirtschaftsamt co-finanzéiert gëtt, an och e Pilotprojet mécht bei dem eng Dron genotzt gëtt fir d'Zwëschefruucht anzeséien an esou d'Auswäsche vun Närstoffer soll reduzéiert ginn.
- Den Här Luss Brosius informéiert, dass verschidden Emprisen, ennër aneren déi zu Schous an der "Rue de Rollingen", wäerte bis Enn 2025 regulariséiert ginn.

GEMENG

# Séance publique du conseil communal du 12 décembre 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc – conseillers

Excusés: /

Le conseil communal approuve des titres de recette d'un montant total de 126 033,28 €.

De Gemengerot hëlt Einnamen an Héicht vun 126 033,28 € un.

Le conseil arrête le budget rectifié de l'exercice 2024 d'après le tableau récapitulatif suivant :

De Conseil hält de rektifizéierte Budget vum Exercice 2024 wéi um follgenden zesummefaassenden Tableau fest:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 7 330 658,30 € | 88 292,09 € |
| Total des dépenses | 5 727 133,17 € | 2 562 665,57 € |
| Boni propre de l'exercice | 1 603 525,13 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 2 474 373,48 € |
| Boni du compte 2023 | 4 294 344,63 € | - |
| Mali du compte 2023 | - | - |
| Boni général | 5 987 869,76 € | - |
| Mali général | - | 2 474 373,48 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 2 474 373,48 € | + 2 474 373,48 € |
| Boni présumé à fin 2024 | 3 423 496,28 € | - |
| Mali présumé à fin 2024 | - | - |

Avec 7 voix positives et 2 voix négatives (Mme Brosius-Kolber et M. Olinger), le conseil arrête le budget de l'exercice 2025 d'après le tableau récapitulatif suivant :

Mat 7 Stëmmen dofir an 2 dogéint (Mme Brosius-Kolber an Här Olinger), hält de Gemengerot de Budget fir den Exercice 2025 wéi um follgenden zesummefaassenden Tableau fest:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 7 553 469,49 € | 3 836 213,64 € |
| Total des dépenses | 6 688 164,50 € | 7 863 001,07 € |
| Boni propre de l'exercice | 865 304,99 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 4 026 787,43 € |
| Boni du compte 2023 | 3 423 496,28 € | - |
| Mali du compte 2023 | - | - |
| Boni général | 4 288 801,27 € | - |
| Mali général | - | 4 026 787,43 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 4 026 787,43 € | + 4 026 787,43 € |
| Boni présumé à fin 2024 | 262 012,84 € | - |
| Mali présumé à fin 2024 | - | - |





Les principales dépenses extraordinaires du budget 2025 sont présentées à la page suivante.

Avec 8 voix positives et 1 voix négative (M. Olinger), le conseil approuve un devis de 20 000 € pour l'acquisition de matériel technique destiné aux toilettes publiques.

Le conseil communal approuve un devis relatif à l'aménagement d'un réseau d'évacuation des eaux de surface entre l'école et la « Bierschbaach » à Angelsberg au montant de 320 000 €.

Le conseil valide deux devis pour adapter des arrêts de bus à Angelsberg et Schoos aux exigences règlementaires actuelles portant sur l'accessibilité PMR, pour un montant total de 410 000 €.

Le conseil approuve le devis d'un montant de 85.000€ relatif à la mise en conformité PMR d'un passage piétons à Angelsberg.

Avec 8 voix positives et 1 voix négative (M. Olinger), le conseil approuve l'adaptation d'un devis relatif au renouvellement de la conduite de refoulement entre le réservoir d'eau potable à Schoos et la source « Débicht » au montant de 1 350 000 €.

Le conseil approuve une convention avec Monsieur Claude Trausch dans le cadre du réaménagement de la « rue du Berger ».

Le conseil communal ratifie une concession au cimetière de Fischbach.

Le conseil confirme deux règlements de circulation temporaires d'urgence du mois de novembre.

Le conseil vote le nouveau règlement de circulation de la commune de Fischbach

Communications diverses :

- Les dates pour les prochaines séances publiques et séances de travail du conseil communal sont fixées.
- M. Brosius informe que le collège échevinal a rencontré le LEADER Mëllerdall et l'ORT MPSL pour discuter de la réorganisation des sentiers de randonnée, ainsi que de l'ouverture d'un sentier supplémentaire du Mëllerdall Trail « Fischbach » en automne 2025.
- M. Brosius fait le rapport sur une réunion avec SOLER au sujet du projet de construction de deux éoliennes au « Rolléngerbierg ». Des états des lieux seront réalisés avant le passage des convois exceptionnels. M. Moura souligne que certaines informations restent superficielles,

Op der nächster Säit fannt Dir den Tableau mat de wichtegsten extraordinären Ausgaben aus dem Budget 2025.

Mat 8 Stëmmen dofir an enger dogéint (Här Olinger), hëlt de Conseil en Devis vun 20 000 € u fir technescht Material op den ëffentlech Toiletten.

De Gemengerot hëlt en Devis fir den Amenagement vun engem Ofwaasserreseau zwëscht der Schoul an der "Bierschbaach" an Héicht vun 320 000 € un.

De Conseil approuvéiert 2 Devisen an Héicht vu 410 000 € fir d'Busarrêten zu Angelsbierg a Schous esou anzeriichten, dass se konform zu den aktuelle Virschrëften si wat den Zougang fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit ugeet.

De Conseil hëlt en Devis an Héicht vu 85 000 € u fir e Foussgängerpassage um Angelsbierg PMR-konform ze maachen.

Mat 8 Stëmmen dofir an enger dogéint (M. Olinger), hëlt de Gemengerot en Devis vun 1 350 000 € u fir d'Erneierung vun der Drockleitung zwëscht dem Drénkwaasserbaséng zu Schous an der Quell "Débicht".

De Conseil approuvéiert eng Konventioun mam Här Claude Trausch am Kader vun der Astandsetzung vun der „Rue du Berger".

De Gemengerot stëmmt enger Concessioun um Fëschber Kierfecht zou.

De Conseil confirméiert zwee temporär Verkéiersreglementer aus dem November.

De Conseil stëmmt dat neit Verkéiersreglement vun der Fëschber Gemeng.

Verschidde Matdeelungen

- D'Datumer vun den nächste Gemengerots- an Aarbechtssëtzunge gi festgeluecht.
- Den Här Brosius informéiert, dass de Schäfferot mam LEADER Mëllerdall an dem ORT MPSL zesummekomm ass fir iwwer d'Reorganisatioun vun den Tréppelweeër an och iwwert den neien Tour vum Mëllerdall Trail „Fëschbech" ab Hierscht 2025 ze schwätzen.
- Den Här Brosius mécht e Rapport vun der Reunioun mat der Firma SOLER betreffend de Bau vun zwee Wandrieder um „Rolléngerbierg". Virum dem Passage vun de Spezialtransporter wäerte Bestandsopname gemaach ginn. Den Här Moura ënnerstäicht, dass verschidden Informatiounen onkloer bleiwen, besonnesch

GEMENG

notamment sur un changement de passage, au détriment des arbres et arbustes. Une entrevue sur place avec le garde forestier sera organisée pour éviter toute coupe non autorisée.

- Vu le nombre croissant des cambriolages dans la région, M. Brosius rappelle la réunion de prévention de la Police Grand-ducale qui se tiendra le 27 janvier 2025 à 19 heures au centre culturel « an der Kleederfabrek » à Larochette.

wéinst enger Ännerung vum Passage vum Convoi wou Beem oder Hecke misste wäsch gemaach ginn. Et gëtt eng Entrevue mam Fierschter organiséiert fir all net-autoriséiert Zerstéierung vu Beem ze vermeiden.

- Well an der Lescht bei eis an der Géigend ëmmer méi agebrach gëtt, erënnert den Här Brosius un eng Informatiounsversammlung vun der Police, déi de 27. Januar 2025 um 19 Auer am Centre Culturel „an der Kleederfabrek" an der Fiels wäert stattfannen.

# Budget: Dépenses extraordinaires

| | |
|---|---|
| **Services généraux des administrations publiques** | |
| Construction d'une nouvelle mairie | 200 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - études | 50 000,00 |
| PAG, modifications ponctuelles | 55 000,00 |
| Frais d'études d'infrastruction et d'aménagement sur le site "Keilchen" | 50 000,00 |
| Acquistion de logiciels pour le pilotage des chaudières des bâtiments communaux | 33 000,00 |
| Urbanisme: Agencements et aménagements espaces verts Rue du Berger (FI) | 24 600,00 |
| **Protection sociale** | |
| Aquisition de mobilier pour la Maison Relais | 40 000,00 |
| **Affaires économiques** | |
| Acquisition de terre labourable | 30 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - voirie rurale | 40 000,00 |
| Travaux aux chemins agricoles et ruraux | 412 500,00 |
| Acquisition de forêt et autres terrains | 20 000,00 |
| Mise en souterrain du réseau aérien moyenne tension entre Angelsberg et Schoos | 68 000,00 |
| **Protection de l'environnement** | |
| Renouvellement de la Rue du Berger - réseau des eaux usées | 30 000,00 |
| Renouvellement de la rue St. Nicolas - réseau des eaux usées | 56 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - réseau d'évacuation des eaux de surface | 60 000,00 |
| Aménagement d'un réseau d'évacuation des eaux de surface entre l'école et le Bierschbaach à Angelsberg | 320 000,00 |
| **Logements et équipements collectifs** | |
| Renouvellement du chauffage | 40 000,00 |
| Frais d'études et frais de recherche et de développement | 30 000,00 |
| Réaménagement de passages piétons - mise en conformité PMR | 160 000,00 |
| Réaménagement du parking "Rue du Moulin" à Fischbach | 100 000,00 |
| Acquisition de terrains (emprises) | 60 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - voirie | 410 000,00 |
| Renouvellement de la Rue St. Nicolas - voirie | 230 000,00 |
| Aménagement d'un arrêt de bus unilatéral avec infrastructures accessoires à Angelsberg | 110 000,00 |
| Réaménagement d'un arrêt de bus avec infrastructures accessoires à Schoos | 300 000,00 |
| Aménagement d'un nouveau cimetière à urnes et d'un jardin de souvenir à Angelsberg | 50 000,00 |
| Agrandissement et réaménagement de l'aire de stockage près de l'atelier communal à Schoos | 55 000,00 |
| Acquisition/remplacement de machines et outillages | 85 000,00 |
| Acquisition d'un camion avec containeur pour les besoins du service régie | 130 000,00 |
| Acquisition de matériel technique pour les toilettes publiques | 20 000,00 |
| Zones de protection des sources: mise en oeuvre des mesures | 32 000,00 |
| Renouvellement de la source (puits) "Débecht" | 831 325,00 |
| Renouvellement de la rue du Berger - réseau d'eau potable | 30 000,00 |
| Renouvellement de la rue St. Nicolas - réseau d'eau potable | 20 000,00 |
| Renouvellement de la conduite de refoulement entre le réservoir d'eau potable « Schoos » et la source « Débicht » | 900 000,00 |
| Sécurisation de la source Laangegronn contre les crues | 130 000,00 |
| Sécurisation de notre réseau communal d'eau potable | 55 000,00 |
| Acquisition de deux groupes électrogènes (construction d'abris de protection) | 30 000,00 |
| Remboursement d'aides d'investissement reçues: Réseau régional d'eau potable | 911 000,00 |
| Renouvellement de la rue du Berger - éclairage public et réseau | 200 000,00 |
| Acquisition de terrains | 1 000 000,00 |
| **Loisirs, culture et culte** | |
| Aménagement de terrains de loisirs, d'emplacements barbecue etc. | 100 000,00 |
| Veräinshaus: mise en conformité, adaptation commodo - étude | 46 303,50 |
| **Enseignement** | |
| Agrandissement de l'école fondamentale (études) | 75 000,00 |
| Extension des panneaux solaires | 40 000,00 |
| Acquisition de mobilier | 50 000,00 |
| Acquisition de matériel informatique | 10 000,00 |



| Gemengerotssëtzungen |

# Jobs d'étudiants 2025

**En 2025, la commune de Fischbach engagera des étudiants pendant les vacances d'été.**

Genre de travaux à exécuter : tous les travaux en relation avec le service de régie communal.

**<u>Au maximum 6 étudiants</u> seront engagés dans une des 3 périodes suivantes :**
- du 14 juillet au 1er août inclus ou
- du 4 août au 22 août inclus ou
- du 25 août au 12 septembre inclus

Les demandes complètes sont à remettre à l'administration communale de Fischbach **<u>au plus tard le 28 février 2025 à 11h30</u>**. Tout dossier incomplet sera refusé et toute demande reçue après cette date, ne sera plus considérée.

Les détails concernant les **conditions** à remplir et les **pièces à l'appui** à présenter sont à consulter sur ***www.acfischbach.lu***.

Si le nombre des candidatures reçues, dépasse 2 candidat(e)s par période, le collège échevinal procèdera au tirage au sort.

L'administration communale de Fischbach, (tél : 327084-25, email: population@acfischbach.lu) est à votre disposition pour tout renseignement supplémentaire.

ZESUMME MAT DER POLICE INVITÉIEREN D'GEMENGEN FIELS, FËSCHBECH, HIEFENECH, JONGLËNSTER A NOUMER OP ENG SEANCE

# PRÄVENTIOUN

## GÉINT DEN ABROCH




**27. JANUAR 2025 UM 19.00 AUER**

CENTRE CULTUREL « AN DER KLEEDERFABREK »

19A, RUE DE MEDERNACH L-7619 LAROCHETTE

POLICE LËTZEBUERG



# Mobilitéit a menger Gemeng

No laangem Hin an Hier, fir am Dossier Mobilitéit virunzekommen, hat de Schäfferot Enn Juni 2024 een Austausch am Ministère de la Mobilité et des Transports publics – fir ganz genau ze sinn am Département de la mobilité et des transports, direction de la planification de la mobilité.

Opgrond vun dëser Entrevue goufen e.a. eis Busverbindungen vum 15.12.2024 un adaptéiert, esou datt eis Bierger a -innen hoffentlech eng méi optimal Ubannung vu Bus an Zuch  ugebuede kréien.

D'**Linn 250**, *Ettelbréck-Jonglënster*, gouf esou adaptéiert, datt een Uschloss op d'Linn 234 zu Hiefenech méiglech ass, ouni ze vill Zäit ze verléieren. Esou kënnen déi dräi Haaptdierfer, Fëschbech, Schous an Angelsbierg vun enger zousätzlecher Verbindung profitéieren.

D'**Linn 234**, *Miersch-Hiefenech*, gouf optimiséiert fir d'Ubannung un de Schnellzuch zu Miersch, respektiv vum Schnellzuch op de Bus a Richtung Hiefenech hinzekréien, ouni laang Waardezäiten a Kaf ze huelen.

Méi spezifesch Informatiounen, z.B. iwwert de Schoultransport an d'Horairë vun de verschiddene Linnen, fannt Dir wéi gewinnt op de Busarrêten oder op www.mobiliteit.lu.

Wann Dir soss en Uleies hutt a punkto Mobilitéit an eiser Gemeng, da kënnt Dir Iech gär ënnert der E-Mail: Dan.Moura@acfischbach.lu oder per Telefon um 32 70 84-1 bei der Gemeng mellen.

Den Delegéierte fir den ëffentlechen Transport
vun der Gemeng Fëschbech
Dan Moura

mobiliteit.lu

# Mobilité dans ma commune

Après de longs allers-retours pour avancer dans le dossier de la mobilité, la commune a eu un échange fin juin 2024 au ministère de la Mobilité et des Transports publics et, plus précisément, à la Direction de la Mobilité et des Transports, Direction de la planification de la mobilité.

Sur base de cet échange, nos liaisons de bus e.a. ont été adaptées à partir du 15.12.2024, afin que nos citoyens puissent, espérons-le, bénéficier de liaisons plus optimales.

La **ligne 250**, *Ettelbrück-Junglinster*, a été adaptée de telle sorte qu'une connexion avec la ligne 234 à Heffingen soit possible sans trop de perte de temps. Ainsi, les trois villages principaux, Fischbach, Schoos et Angelsberg, peuvent bénéficier d'une liaison supplémentaire.

La **ligne 234**, *Mersch-Heffingen*, a été optimisée pour relier le bus et les trains express à Mersch.

Pour plus d'informations spécifiques, veuillez consulter les grilles horaires aux arrêts de bus ou consulter le site : www.mobilite.lu

Si vous avez des suggestions concernant la mobilité dans notre commune, vous êtes invités à nous contacter par e-mail : Dan.Moura@acfischbach.lu ou par téléphone au 32 70 84-1 à la commune.

Le délégué aux transports publics
de la commune de Fischbach
Dan Moura

# Windpark Mersch

Die folgenden Informationen basieren auf Mitteilungen seitens der Firma Soler, welche der Gemeinde Fischbach zugetragen wurden:

- von 4 Windkraftanlagen sollen vorerst nur 2 Anlagen gebaut werden (WEA2 + WEA3). Es handelt sich hierbei um die am westlichsten gelegenen Anlagen. Da die vorgesehenen Windkraftanlagenmodelle mit der maximalen Höhe für die Standorte (WEA1 + WEA4) momentan nicht mehr produziert werden, bleibt bis dato der weitere Fortgang abzuwarten. Die Genehmigungen für (WEA1 und WEA4) haben laut Soler dennoch bestand.
- Dezember 2024: Beginn der Infrastrukturarbeiten
- Mitte Mai bis Ende Juni 2025: Fundamentbau
- 2. Augusthälfte 2025: Anlieferung der Bauteile mit mehreren Spezialtransporter (voraussichtlich: 11-15.08.2025 & 25-29.08.2025)
- Inbetriebnahme WEA2 + WEA3: Ende 2025

Alle Materialtransporte, außer der Spezialtransporte für die Stahlsegmente und Rotorblätter, sollen nicht durch die Gemeinde Fischbach verlaufen. Die Spezialtransporte sollen durch die Dörfer Angelsberg und Schoos passieren, wobei der Wegverlauf noch nicht definitiv feststeht, da noch nicht alle Genehmigungen vorliegen. Die Bestandsaufnahmen (États des lieux) aller Straßen, sowie der Anrainergrundstücke entlang der Transportstrecken, sollen durchgeführt werden. Wann diese genau stattfinden, ist noch nicht bekannt. Frühstens aber erst 2-3 Wochen vor dem passieren der Spezialtransporte.

Alle Informationen sind ohne Gewähr.











# Service de proximité

De "Service de proximité" vu Miersch ass an am Ganze 6 Gemengen ënnerwee, an zwar an de Gemenge Miersch, Fëschbech, Fiels, Helperknapp, Lëntgen a Luerentzweiler.

Hier Aufgabe sinn an zwee Beräicher opgedeelt:

1. Administrativ Police:
   - Sensibiliséierung fir Sécherheet, Präventioun betreffend d'Gesetzer an d'Virschrëften am ëffentleche Raum;
   - Persounen hëllefen, déi iwwert d'Strooss wëllen (zB moies de Kanner um Schoulwee);
   - Iwwerwaachung vum ëffentleche Raum bei Manifestatiounen déi vun de Gemengen organiséiert sinn;
   - Hëllef fir Persounen an Nout oder Affer vun Accidenter;
   - Verkéiersreegelung, falls e Chantier d'Sécherheet am Verkéier beanträchtegt;
   - Informatioun a Meldung vu Problemer am Beräich vun der ëffentlecher Sécherheet, dem Verkéier an der Ëmwelt un d'kommunal a staatlech Autoritéiten;
   - Encadrement vu Sport- a Kulturevenementer;
   - Präventioun a Sensibiliséierung fir d'Sécherheet ronderëm de Schoulen;
   - Surveillance vun de Stroossen a Bëschweeër;
   - … .

2. Police judiciaire – Feststellung vu Verstéiss géint d'Gesetz, besonnesch betreffend:
   - de Code de la route (Halen, Stationnement a Parking);
   - d'Policereglement vun de Gemengen;
   - d'Gesetz betreffend d'Fëscherei a Bannegewässer;
   - d'Hondsgesetz;
   - d'Offallgesetz.

Falls Dir Problemer hutt an engem vun deene Beräicher, dann zéckt net Iech bei hinnen ze mellen ënnert der Nummer 32 50 23 - 279 oder per Mail op agent@mersch.lu .




*v.l.n.r.: Monique GOUDEN, Andy WOLTER, India VAN KAUFENBERGH, Steve HATTO, Sandra DA CONCEICAO FERNANDEZ a Steve ACKELS*

# Parken - Wie geht das?

Wer kennt es nicht? Kurz stellt man sein Auto mit zwei Reifen auf dem Bürgersteig ab, um Einkäufe auszuladen da man den Verkehr nicht behindern möchte und wenn man zurückkommt, hat man einen Strafzettel hinter dem Scheibenwischer.

Dass auf der Rückseite des Knöllchens steht, die Polizei bedauere uns auf diesem Wege mitzuteilen, dass wir eine Ordnungswidrigkeit begangen hätten, täuscht nicht darüber hinweg, dass uns diese wenigen Minuten 49€ kosten.





Der Umstand, dass man nur kurz falsch steht, wird in der Straßenverkehrsordnung nur indirekt berücksichtigt.

Es wird jedoch unterschieden, ob ein Fahrzeug anhält, was definiert ist als Zeit, die benötigt wird, um eine Person oder Sachen auf- bzw. abzuladen oder ob man STATIONIERT welches die Zeit ist, die darüber hinaus geht.

Anders ausgedrückt: Im  mit dem Fahrzeug stehen bleiben, um Einkäufe oder auch die Schwiegereltern abzuladen bzw. aus- oder zusteigen zu lassen ist ausdrücklich erlaubt. Besagte Einkäufe in der Wohnung einräumen oder mit den Schwiegereltern eine Tasse Kaffee zu trinken, bevor man das Fahrzeug wegfährt - nicht.



Anders verhält es sich bei einem Bürgersteig: generell ist das Stationieren und das Anhalten auf dem Bürgersteig verboten, insofern nicht anders durch Beschilderung und oder Straßenmarkierung angegeben: 

Gibt es Innerorts keinen richtigen Bürgersteig muss man das Fahrzeug, wenn möglich so stellen, dass an der Seite 1 Meter Platz bleibt. Unter "richtig" versteht man den von der Fahrbahn durch Erhöhung getrennten Teil der öffentlichen Straße welcher den Fußgängern vorbehalten ist.





Bei Anhängern stellt sich oft die Frage, wo man diese abstellen darf. Generell gilt: Auf der Straße dürfen Anhänger nur tagsüber von 6 bis 22 Uhr stationieren. Nachts müssen sie am Auto angekoppelt sein.

Anders verhält es sich bei Parkplätzen: 


Hier darf man seinen Anhänger auch über Nacht einfach stehen lassen, es sei denn folgendes Zusatzschild ist ebenfalls vorhanden: 


In dem Fall dürfen Anhänger nie auf dem so gekennzeichneten Parkplatz stehen.



Generell gilt in Fischbach, so nicht anders beschildert eine Höchstpark- bzw. Stationierungsdauer von 48 Stunden. Dies kann in den Städten und in einigen Gemeinden wie Mersch oder Hesperingen sogar auf 24 Stunden verkürzt sein. Obschon es nicht direkt ein Knöllchen dafür gibt diese Dauer zu überschreiten kann längeres Parken im öffentlichen Raum, ohne regelmäßig nach dem Fahrzeug zu sehen teuer werden.

Die Gemeinde ist verpflichtet temporäre Reglemente, die das Parken bzw. Stationieren einschränken; z.B. wegen einer Baustelle, **mindestens 48 Stunden** im Voraus aufzustellen. Dadurch ist sichergestellt, dass jeder der die Höchstdauer nicht überschreitet von der Bestimmung Kenntnis nehmen kann und sein Fahrzeug umparkt ohne, dass auf unschönen Maßnahmen wie Knöllchen oder im schlimmsten Falle dem Abschleppen von Fahrzeugen zurückgegriffen werden müssen.



Die Straßenverkehrsordnung; unter diesem Begriff werden eigentlich mehrere Gesetzestexte und Reglemente zusammengefasst, wurde seit 1955 unzählige Male geändert. Mehr als 41 Änderungen waren es allein in den letzten 8 Jahren.

Es ist demnach verständlich, dass man da leicht den Überblick verlieren kann. Gerne geben die Mitarbeiter unseres Service de Proximité Auskunft, wenn Sie Fragen rund um die Beschilderung und Bestimmungen bezüglich des Stationierens und Parkens haben: **agent@mersch.lu** oder unter der Nummer: **325023-279**.

Steve Hatto
Service de Proximité

GEMENG

# Stationnement - Comment faire ?

Qui n'a pas connu cela ? On laisse brièvement sa voiture avec deux roues sur le trottoir pour décharger ses courses, car on ne veut pas gêner la circulation, et quand on revient, on a un avertissement taxé derrière l'essuie-glace.

Le fait qu'au dos de l'amende la police écrit qu'elle est au regret de nous informer que nous avions commis une infraction ne masque pas le fait que ces quelques minutes nous ont coûté 49 €.





Le fait d'être que brièvement en infraction n'est pris en compte qu'indirectement par le code de la route.

Il y a cependant une différence entre un véhicule à l'arrêt, ce qui est défini comme le temps nécessaire pour charger ou décharger une personne ou des objets, et un véhicule en stationnement, ce qui est le temps qui dépasse cette durée.

En d'autres termes, il est expressément permis de s'arrêter dans le cas d'un  avec le véhicule pour décharger des courses ou laisser les beaux-parents monter ou descendre. Ranger les courses ou boire une tasse de café avec les beaux-parents avant de déplacer le véhicule – c'est trop tard.



La situation est différente pour les trottoirs : il est généralement interdit de stationner et de s'arrêter sur le trottoir, sauf indication contraire par des panneaux ou un marquage au sol : 

S'il n'y a pas de « vrai » trottoir dans une agglomération, il faut si possible placer le véhicule de manière à ce qu'il reste un mètre d'espace sur le côté. On entend par « vrai » la partie de la voie publique séparée de la chaussée par un surélévation et réservée aux piétons.





Pour les remorques, la question se pose souvent de savoir où l'on peut les garer. En règle générale, les remorques ne peuvent stationner sur la chaussée que le jour, de 6 à 22 heures. La nuit, elles doivent être attachées à la voiture.

Il en est autrement pour les parkings 



On peut y laisser sa remorque toute la nuit, sauf si le panneau supplémentaire suivant est également présent : 



Dans ce cas, les remorques ne peuvent jamais être garées sur un parking ainsi signalé.



En règle générale, la durée maximale de stationnement et de parcage à Fischbach est de 48 heures, sauf indication contraire. Dans les villes et dans certaines communes comme Mersch ou Hesperange, cette durée est même réduite à 24 heures. Bien qu'il n'y ait pas un avertissement taxé pour le dépassement de cette durée maximale, le stationnement en continue sur la voie publique public sans contrôle régulier du véhicule peut coûter cher.

La commune est tenue de mettre en place des règlements temporaires limitant le parcage ou le stationnement, par exemple en raison d'un chantier, au moins 48 heures à l'avance. Cela permet de s'assurer que toute personne ne dépassant pas la durée maximale peut prendre connaissance de la disposition et déplacer son véhicule sans devoir recourir à des mesures peu élégantes telles que des avertissements taxés ou, dans le pire des cas, la mise en fourrière des véhicules.



Le code de la route, qui regroupe en fait plusieurs de lois et règlements, a été modifié mainte fois depuis 1955. Plus de 41 modifications ont été apportées au cours des huit dernières années.

Il est donc compréhensible qu'il soit difficile de s'y retrouver. Les collaborateurs de notre Service de Proximité se feront un plaisir de vous renseigner si vous avez des questions concernant la signalisation et les dispositions relatives au stationnement : **agent@mersch.lu** ou au numéro : **325023-279**.

Steve Hatto
Service de Proximité

# Populatioun - État Civil 2024



Gebuerten
Naissances
**9**

**4**
PACS
Partenariats

**5**
Stierffäll
Décès



**7**
Hochzäiten
Mariages



Unzuel u Nationalitéiten
Nombre de nationalités
**39**

- albanaise
- algérienne
- allemande
- américaine
- autrichienne
- belge
- bosnienne
- brésilienne
- britannique
- camerounaise
- cap-verdienne
- colombienne
- danoise
- espagnole
- française
- grecque
- hongroise
- indienne
- irlandaise
- italienne
- japonaise
- kosovare
- libanaise
- luxembourgeoise
- maltaise
- marocaine
- néerlandaise
- pakistanaise
- philippine
- polonaise
- portugaise
- russe
- slovaque
- sud-africaine
- tchèque
- thaïlandaise
- turque
- ukrainienne
- vietnamienne

Awunner um 1.1.2025
Habitants au 1.1.2025

| | |
|---|---|
| Angelsberg | 492 |
| Fischbach | 427 |
| Koedange | 10 |
| Schiltzberg | 17 |
| Schoos | 344 |
| Stuppicht | 4 |
| Weyer | 14 |

Total
**1308**





# Hochzäiten 2024



14.02.2024
Simon Benjamin &
Schammel Sandy



08.06.2024
Koch Mike &
Besnard Stéphanie



29.06.2024
Margreve Luc &
Bernardin Danielle



03.08.2024
Schroeder Jean &
Krier Isabelle



13.08.2024
Brosius Pit &
Mader Andreas



11.10.2024
Martinho João Paulo &
Vaz Tavares Erica

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

Veräinshaus 7, op der Héicht L-7475 Schoos

04.02.2025 vun 18.00-22.00 : Cours op lëtzebuergesch

06.02.2025 de 18.00-22.00 : Cours en français




Nach dem Kurs sind Sie in der Lage:

- Einen Herz- Kreislaufstillstand zu erkennen
- Eine Basisreanimation beim Erwachsenen nach den aktuellen Richtlinien des ERC von 2021 durchzuführen.
- Einen halbautomatischen Defibrillator (AED) anzuwenden
- Eine bewusstlose Person in eine stabile Seitenlage zu bringen

Inhalte :

- Ursachen und Erkennen des Herz- Kreislauf- Stillstandes beim Erwachsenen
- Durchführung der Wiederbelebungsmaßnahmen beim Erwachsenen nach den aktuellen Richtlinien des ERC 2021
- Umgang mit einem halbautomatischen Defibrillator (AED)
- Indikation und Durchführung der stabilen Seitenlagerung




Après le cours, vous serez en mesure de :

- Reconnaître un arrêt cardio-vasculaire
- Réaliser la réanimation de base d'un adulte selon les directives actuelles de l'ERC 2021
- Utilisez un défibrillateur semi-automatique (DEA)
- Placez une personne inconsciente en position latérale stable

Contenu :

- Causes et reconnaissance de l'arrêt cardio-vasculaire chez l'adulte
- Exécution des mesures de réanimation chez l'adulte selon les directives actuelles de l'ERC 2021
- Manipulation d'un défibrillateur semi-automatique (DEA)
- Indication et mise en œuvre du positionnement latéral stable





# Integratiounsowend

**20.09.2024 SCHOUS**

Den 20. September 2024 huet eisen Integratiounsowend am Veräinshaus zu Schous stattfonnt. Mir wëllen all de Veräiner e grousse Merci soen, déi sou räichlech deelgeholl hunn. Hir mat vill Léift dekoréiert Stänn an déi mat vill Suergfalt virbereete Presentatiounen hunn den Owend zu eppes Besonneschem gemaach. Et war kloer ze gesinn, mat wéi vill Leidenschaft si hir Aktivitéite virgestallt hunn.

Och wann e puer méi Gäscht schéi gewiescht wieren, haten déi Léit di do waren, en agreabelen an informativen Owend. Et goufen vill interessant Gespréicher gefouert, an d'Méiglechkeet, nei Kontakter ze knëppen, gouf gutt genotzt.

Mir hoffen, dass den Integratiounsowend dozou bäigedroen huet, dass eis nei Bierger sech nach méi doheem an eiser Gemeng fillen.

Eric Durrer
Conseiller a Präsident vun der
Kommissioun vum Zesummeliewen





# Kommemoratiounsdag

**20.10.2024 FËSCHBECH A SCHOUS**

**Am Kader vun de Commemoratiounsfeierlechkeeten an der Gemeng Fëschbech ass am Wuertgottesdéngscht de Film "D'Ierzenzopp ass gutt" gewise ginn.**

De Film zielt vun der beweegender Geschicht vun de Mierscher Resistenzler Charles an Antoine Hansen, déi wärend der Nazizäit zwee amerikanesche Pilote gehollef hunn an d'Sécherheet ze kommen. De Film gouf vun de Geschichtsfrënn vu Miersch an de Mierscher Guiden a Scouten realiséiert. Nom Wuertgottesdéngscht vum Felix Steichen, huet den Erny Kohn eis nach Detailer zur Geschicht vum Film ginn.

Ech soen alle Bedeelegte Merci, dass Si zur Erënnerung bäigedroen hunn. Als Ofschloss hu mir nach eng Gedenkminutt beim Monument gehalen an "Ons Heemecht" gesongen.

Luss Brosius
Buergermeeschter

**KOMMEMORATIOUNSDAG 2025:**
**19.10.2025 um 10:00 Auer**











# Kaffisbuffet 2024

**10.11.2024 SCHOUS**

**D'Elterevereenegung vun der Gemeng Fëschbech (APEF) an d'Kommissioun fir d'Ënnerstëtzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten hu fir den 10. November 2024 ee Kaffisbuffet am Veräinshaus op der Héicht organiséiert.**

Ronn 100 Leit hu sech bei där 10. Editioun getraff. Um Buffet stoungen nieft fair gehandelten a Bio-Liewensmëttel och Produiten aus der Gemeng, wéi zum Beispill Mëllech an Eeër vum Guy Damgé vun Angelsbierg an Hunneg vum Sepp Rocchio vu Schous. De Felix Kolber huet eng gefëllten Hieftrëtz, eng Brioche an e Sauerdeegbrout fir eis gebak. Viz gouf et ze drénken, dee vum Cycle 4.2 aus Äppel vun Angelsbierg gepresst gouf. Och regional Produite wéi z.B. Gebeess vun Eppelduerf, Kéis vu Bäerdref, Fleesch vum Metzler vu Lëntgen a Brout vum Bäcker vu Biissen stoungen zur Auswiel.

D'Reschter vum Kaffisbuffet goufen de Schoulkanner aus dem Cycle 4 offréiert, déi sech immens gefreet a sech et gutt schmaache gelooss hunn.

Ee grousse Merci un d'Produzenten an un all déi, déi beim Buffet matgehollef hunn.

Laurent Schiltz
Schäffen







# Chancëgläichheet

**12.11.2024 ROUSPERT**

D'Naturpark-Gemenge waren den 12. November vun der Gemeng Rouspert-Mompech op eng Infoversammlung iwwert d'Chancegläichheet invitéiert.




© Gemeng Rouspert-Mompech

# Auditioun vun der Museksschoul

**08.12.2024 HIEFENECH**









# Guide du Citoyen

**27.11.2024 NIDDERAANWEN**

Mercredi, le 27 novembre 2024 s'est tenue la 13ième édition du « Forum fir d'Zesummeliewen an eise Gemengen » au Centre Polyvalent « A Schommesch » à Niederanven.

Cette édition a rassemblé quelques 200 participants, y compris des responsables politiques, des représentants et agents communaux et des membres des commissions consultatives communales du vivre-ensemble interculturel. Ensemble, ils ont représenté environ 65 communes et associations œuvrant en faveur du vivre-ensemble interculturel.

La séance a été ouverte par Fréd Ternes, bourgmestre de la commune de Niederanven, suivi par un mot de bienvenue du ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, Max Hahn.
Le ministre Max Hahn a remis aux communes de Beaufort, Erpeldange-sur-Sûre, Esch-sur-Sûre, Fischbach et Goesdorf leur « Guide du citoyen » personnalisé.

Le "Guide du citoyen" a été élaboré par le ministère de la Famille, en collaboration avec le SYVICOL et les communes intéressées. Standardisé en cinq langues, il se compose de deux parties : la partie informative "Je découvre ma commune" invite à découvrir la commune en renseignant sur sa composition, les infrastructures locales, l'enseignement, la culture, les associations et en donnant un aperçu des activités proposées. La deuxième partie "Je m'engage dans ma commune", interactive et ludique, propose des idées d'engagement et d'interaction entre concitoyens, dans le bénévolat, l'apprentissage, la pratique des langues ou encore la participation politique.
Jusqu'à présent, 33 communes ont reçu leur "Guide du citoyen" personnalisé.

Le « Guide du citoyen » de la Commune de Fischbach est distribué lors de l'enregistrement à chaque nouveau citoyen. Pour tous les autres citoyens, le Guide peut être téléchargé sur notre site internet : https://acfischbach.lu/biergerguide/




© Gemeng Nidderaanwen

GEMENG

# Biergerbedeelegungsversammlung

**16.12.2024 SCHOUS**

**De Schäfferot huet de 16. Dezember 2024 e Workshop am Veräinshaus op der Héicht zu Schous organiséiert, fir d'Awunner an d'Neigestaltung vun den Duerfplazen anzebezéien.**

Am Laf vum Owend haten déi ronn zwanzeg Participanten d'Méiglechkeet, hir Meenungen, Iddien a Virschléi mat ze deelen iwwert:

- d'Duerfplaz virun der Kierch zu Angelsbierg,
- en Terrain an der rue du Puits an e Léierpad zu Schous,
- d'Sitte vun der aler Kläranlag an dem Gemengenhaus zu Fëschbech.

Duerno huet d'Gemeng e Patt zum Beschte gi fir den Owend ofzeschléissen. De Schäfferot wäert eng gréndlech Analys vun de gesammelte Virschléi maachen, fir dem Gemengerot déi nächste Schrëtt bei de verschiddene Projete virzeschloen.














# Adventsfënsteren





























11
MERRY X-MAS
13
19
15
16
20
22
17
18
23
24

# Realisatiounen 2024

### 1. Screen am klenge Réiniounssall am Veräinshaus

Fir e Schutz géint d'Sonneliicht ze garantéieren, gouf am Veräinshaus zu Schous am klenge Reniounssall um Rez-de-chaussée en elektresche Screen installéiert.




### 2. Screens fir d'Angsber Schoul





Fir e Schutz géint d'Sonneliicht an och géint d'Hëtzt ze garantéieren, goufen an alle Klassesäll, déi op der Säit vum Schoulhaff Richtung Süden ausgeriicht sinn, elektresch Screens installéiert.
All Screen ass iwwert eng individual Commande pro Klassesall steierbar an op enger zentraler Plaz ass eng Programmatioun, déi d'Screens vun all de Klassesäll zu bestëmmten Auerzäiten am Dag erop fuere léisst, fir ze vermeiden dass d'Screens kënne no der Schoul duerch Friemawierkung beschiedegt ginn.



### 3. Dëschtennis-Dësch bei der Angsber Schoul



Opriichte vun engen neien Dëschtennis-Dësch niewent dem Terrain Multisport bei der Schoul zu Angelsbierg

34



### 4. Akkustikdieren an der Angsber Schoul





Well de Büro an der Schoul och fir Nohëllef-Coursë genotzt gëtt, goufen 2 nei Akkustikdieren agebaut fir de Cours ongestéiert ze halen.

### 5. Haaptentréesdier vun der Maison Relais







D'Haaptentréesdier vun der Maison Relais gouf ersat, well déi al Dier aus Holz ze schwéier an och scho staark beschiedegt war. Et gouf decidéiert eng nei, manner héisch Dier aus Aluminium ze bauen, déi méi liicht a mei robust ass. Déi nei Dier huet déi selwecht RAL Faarf wéi de besteeënde Kader aus Aluminium, esou, dass de Wiessel vun der Dier net opfält. Gläichzäiteg gouf och en neit Motorschlass agebaut, dat mei schnell reagéiert an och duerch en akustescht Piipsen d'Dier fräi gëtt, fir ze vermeiden dass ze staark un der Dier gerappt gëtt fir se op ze maachen.

### 6. Neigestaltung vun der Spillplaz bei der Crèche zu Schous





Well déi al Spillplaz sou lues an d'Jore komm ass an et och u Spillgeräter gefeelt huet, gouf d'Spillplaz nei ze gestalt an erweidert. Eng nei Sandkëscht, e Biohort mat Iwwerdaach a Fallschutz (fir Stockage a Schied), eng Wipp aus engem Bamstamm an en Hochbeet goufen amenagéiert. Dat besteeënd Spillhaus gouf net ofgerappt mee restauréiert, wéi och d'Klettergerüst mat der Rutschban ofgemaach an nei ugestrach gouf.





SERRVICE TECHNIQUE

35

### 7. Entrésdier vun der Kapell zu Weyer



Zu Weyer gouf d'Entrésdier vun der Kapell restauréiert an nei lackéiert.



### 8. Kierfecht zu Fëschbech





D'Trëtt vun der Kierchentrap waren iwwert d'Jore lass a verschidde Steng futti gaang. Dës goufen elo am Kader vun der Restauratioun nees nei verluecht a verschidde staark beschiedegt Steng ausgetosch.

Ausserdeem ware Jointe vun der Kierfechtsmauer opgeplatzt an den Efeu ass eragewuess. Den Efeu gouf ewech geschnidden an d'Jointe goufen nees nei verfëllt.







| Service Technique |

### 9. Kierchentrap zu Schous

Och zu Schous war d'Kierchentrap iwwert d'Joren deels staark beschiedegt. Wéi zu Fëschbech goufen och hei verschidde Steng nei verluecht an deels ersat.





### 10. Busarrêt zu Fëschbech



Zu Fëschbech ass an der „Rue Grande-Duchesse Charlotte“ den Daach vum Schoulbus-Arrêt erneiert ginn.






Fortschrëtt vun de Projeten 1-10

100%

## 11. Verkéiersberouegungsmoossnamen








Am Kader vum « Apaisement de la circulation » ass am Gemengerot d'Entscheedung getraff gi vir d'Vitesslimitatiounen op de Gemengestroosse vu « Fräiwëlleg 30 km/h » op « 30 km/h » unzepassen.

Am selwechten Zesummenhang huet de „Service Regie" an Zesummenaarbecht mam „Service Technique" op dräi strategesch Plazen an der Gemeng sechs Blummebacken opgeriicht fir d'Automobilisten zum lues fueren ze mobiliséieren.

D'Blummebacken déi zu Schous an der „Rue du Puits" an an der „Rue Laang Roepper", an zu Fëschbech am Agang vun der Strooss „Im Batz" opgestallt gi sinn, si vun eise Bëschaarbechter aus lokalem Holz ugefäerdegt ginn.

Am Laf vum Joer 2025 wäert zu Schous tëschent dem Lokalveräinsschapp an der Crèche en néien Trëttoir amenagéiert ginn. An deem Kontext ginn dann och zwee weider Blummebacken an der „Rue de l'Ecole" opgestallt.

Fortschrëtt vum Projet

75%





## 12. Erneierung vun der "Rue du Berger" an der "Rue St. Nicolas"

D'Erneierungsaarbechte vun der „Rue du Berger" zu Fëschbech hunn Ufank November ugefaangen.

Déi éischt Phas, wou um ënneschte Feldwee d'Reseauen an der Strooss néi gemaach gi sinn, wäert d'Baufirma och nach virun de Feierdeeg ofgeschloss hunn. Hei gëtt dann um Schluss vum Chantier just nach den Asphalt nei gemaach.

Nom Congé wäert dann déi zweet Phas, op der Héicht vum néie Lotissement, starten. Wärend dëser Phas, a bis um Enn vum Chantier, gëtt de lokale Verkéier mat Hëllef vu roude Luuchten iwwert de klengen Trëppelwee tëschent der Strooss „Im Batz" an der „Rue du Berger" organiséiert. Déi véier Parkplaze virum néie Lotissement wäerten dee Moment net méi zur Verfügung stoen.

Fir all weider Fro iwwert den Oflaf vum Chantier, kënnt Dir Iech zu all Moment beim „Service Technique" vun der Gemeng mellen.









SERRVICE TECHNIQUE

Fortschrëtt vum Projet

15%

## 13. Renovatioun vum "Lokalveräinsschapp" zu Schous

Nodeems am Joer 2023 d'Jugendhaus zu Schous néi gemaach gi war, ass dëst Joer dann och eng allgemeng Renovatioun vum „Lokalveräinsschapp“ ënnerholl ginn.

An dem Zesummenhang si follgend Aarbechten um Schapp gemaach ginn :

- Um Buedem ass en neie Pavé verluecht ginn;
- Mauere si komplett ofgeklappt an nei beworf ginn;
- Eng néi Trapp ass montéiert ginn;
- Steckdousen a Luuchte si installéiert ginn;
- En Drainage ass laanscht Fondatioune verluecht ginn;
- Nei Fënsteren an Diere si montéiert ginn ;
- Scheierpaart ass erneiert ginn;
- Den Daach an d'Kullange si gebotzt a punktuell nei gemaach;
- Fassad gouf erneiert;
- Natursteng goufe gebotzt a punktuell gefléckt.













Fortschrëtt vum Projet

95%





## 14. Stockageplaz beim Gemengenatelier









Um Enn vum Joer hu mer dann och nach e Chantier beim Gemengenatelier ugefaangen.

Hei wäert an de nächste Woche weider Stockageplaz fir eis Gemengenaarbechter entstoen.

Fortschrëtt vum Projet

30%

# Holz vun hei

An der Schleid, Parzelle 3, Parquet 2 vum Fëschber Gemengebësch, ass eng déck Douglas op eemol um Stack dir ginn. Well ech eng Ufro vun der Gemeng hat fir eng Bänk bei d'Veräinshaus ze setzen a fir e puer Blummebacken, huet et sech vum selwen erginn datt mer die Bam duerfir géifen notzen. Eis Bëschaarbechter hunn dien décke Bam dunn ëmgeluecht, an de Benoît vun der Hessemillen huet e mam Trakter mat op seng Seeërei geholl, an dunn de Bam esou op dei Moossen zougeschnidden wéi ech him gesot hunn. D'Aarbechter hunn dunn dat ganzt Holz op dem Benoît senger Huwwelbänk gehuwwelt, an dunn hu mer d'Holz nees an eise Chantier an d'Fiels gefouert. Do sinn dunn nach d'Kante gebrach ginn, de Stempel aus dem Mëllerdall ass nach op verschidde Madrille gebrannt ginn, an du si lues awer sécher, déi nei Blummebacken aus eisem eegenen Holz entstanen. Nodeems d'Studenten am Summer se dunn nach ugestrach hunn, an de Mike, eise Gemengegäertner, e puer Blummen dra gesat huet, huet de Laurent di fäerdeg Backen op déi virgesinne Plazen an eiser Gemeng gefouert, wou se elo zur Verkéiersberouegung solle bäidroen.

Olivier Molitor
Fierschter































# D'HEINZELMÄNNERCHER

Äre service de proximité

*Offre spéciale hiver / Winterangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

*Nous offrons :*

**Service neige**

Déblayage de la neige sur rdv, ou de manière prioritaire sur demande.

**Travaux d'hiver**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, entretien des tombes, etc.

**Travaux de bricolage**

Petites réparations et petites rénovations.

*Wir bieten an:*

**Schneeräumen**

Schneeräumen mit Termin, oder nach Absprache auch vorrangig.

**Winterarbeiten**

Welkes Laub zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Grabpflege, Hecken schneiden usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

Kleine Reparaturen und Ausbesserungsarbeiten.

Tarif **TTC | inkl. MwSt : à partir du 1er janvier 2025**

**20 €** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter

**9 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

**TÉL.: 28 80 80**

CIGR Mëllerdall – Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**

Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf

RCS : F8901 | N° de matricule : 20116103045999

mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire




# Klimapakt: Visitt vum Agri-PV-Park

03.10.2024 **KEESPELT**

Den 3. Oktober hat d'Klimateam vu Fëschbech d'Geleeënheet, de Stroumpark „Energiewiss Kielen" zu Keespelt ze besichen, en innovative Projet, dee Landwirtschaft a Produktioun vun erneierbarer Energie verbënnt. Organiséiert vun der Association des Ingénieurs et Scientifiques du Luxembourg ASBL, gouf dës Visitt vum Här Patrick Witte, General Manager vu GPSS, geleet, a mir konnten déi éischt Agri-PV-Anlag zu Lëtzebuerg entdecken, déi nach mat enger Wandmille kombinéiert soll gin.

Op enger Fläch vun 4,5 Hektar produzéiert des Agri-PV 2 MWp Energie, wärend gläichzäiteg Landwirtschaft bedriwwe ka ginn. Dëse virbildleche Projet verbënnt nohaltege Wuesstem am Respekt vun der Biodiversitéit, an dréit dozou bäi, d'Klimaziler vun de Gemengen ze erreechen. Nieft der Produktioun vun ekologeschem Stroum ass et geplangt, den iwwerschëssege Stroum fir d'Produktioun vu Waasserstoff ze notzen, wat d'lokal Energietransitioun weider stäerkt.

Een ähnleche Projet, mat juste Agri-PV, ensteht demnächst um Bierengerbierg um Territoire vun der Gemeng Miersch.

Klimateam Gemeng Fëschbech







# European Geoparks Conference

02.-04.10.2024 **REYKJANES**

## Neue Impulse auf der European Geoparks Conference

Vom 2. bis zum 4. Oktober 2024 nahmen Vertreter des Mëllerdall UNESCO Global Geopark an der European Geoparks Conference im Reykjanes Geopark in Island teil. Die Konferenz brachte europäische Geoparks zusammen und bot eine Plattform für den Austausch von Ideen und Erfahrungen. Birgit Kausch und Conny Koob präsentierten dabei verschiedene Umsetzungen des Natur- & Geopark Mëllerdall.

Die luxemburgische Delegation stellte sich aus den oben genannten Mitarbeiterinnen des Natur-& Geoparks Mëllerdall zusammen sowie aus der stellvertretenden Direktorin vom ORT Müllerthal und einer politischen Repräsentation der Gemeinden des Natur- & Geoparks Mëllerdall.




*Konstanze Liskow (ORT Région Mullerthal), Birgit Kausch (Natur- & Geopark Mëllerdall), Daniel Moura (commune de Fischbach), Patrick Hierthes (commune de Rosport-Mompach), Jill Goeres (commune de Bech), Conny Koob (Natur- & Geopark Mëllerdall) et Joé Nilles (commune de Berdorf)*

Neben zahlreichen Präsentationen und Gesprächen gab es auch einen Tagesausflug, bei dem die Teilnehmer die isländische Kultur und Natur kennenlernen konnten. Die Konferenz ermöglichte es den Teilnehmern, neue Impulse für die Weiterentwicklung ihrer eigenen Geoparks mitzunehmen und das Netzwerk unter den Geoparks zu stärken.

## Rückblick

Der Natur- & Geopark Mëllerdall wurde am 13. April 2022 offiziell als UNESCO Global Geopark anerkannt. Diese Auszeichnung hebt das geologische, natürliche und kulturelle Erbe der Region hervor und sorgt für eine breitere internationale Aufmerksamkeit. Gleichzeitig ist sie auch eine Verpflichtung, die Region kontinuierlich weiterzuentwickeln. Alle vier Jahre werden UNESCO Global Geoparks begutachtet, um sicherzustellen, dass sie weiterhin den hohen Standards gerecht werden.





## BeNeLux Kooperation

Die Konferenz bot zudem eine geeignete Plattform für die Unterzeichnung eines Kooperationsvertrags zwischen den Geoparks aus Belgien, den Niederlanden und Luxemburg. Das Ziel dieser grenzüberschreitenden Partnerschaft ist die Gründung eines Netzwerks, das regelmäßige Treffen und einen intensiven Austausch zwischen den Geoparks ermöglicht. Folgende UNESCO Global Geoparks sind aktuell Teil des BeNeLux Netzwerks: Famenne-Ardenne (BE), De Hondsrug (NL), Schelde Delta (NL&BE) und Mëllerdall (LU).



*Foto: Signing BeNeLux (c) Bjarki Johannsson*
*Serge Delaby (Famenne-Ardenne), Birgit Kausch (Mëllerdall), Alain Petit (Famenne-Ardenne), Patrick Hierthes (Mëllerdall), Jasper Tomesen (De Hondsrug), Walter Jonkers (Schelde Delta), Nikolas Zouros (président du Global Geoparks Network)*

## Vorbereitung auf 2025

Die nächste Überprüfung des Mëllerdall UNESCO Global Geoparks ist für 2025 vorgesehen. In den vergangenen Jahren lag der Fokus auf der Umsetzung der Empfehlungen der letzten Begutachtung. Besonders im Bereich der Erlebbarkeit der regionalen Besonderheiten für Einheimische und Touristen wurden Fortschritte erzielt. Zwei Geo-Pfade wurden bereits angelegt, und ein dritter Pfad soll 2025 in Berdorf entstehen.

Zusätzlich wurden Touristenführer in Zusammenarbeit mit dem regionalen Tourismusverband gezielt zu Themen des Geoparks geschult und können nun als Botschafter der Region das Wissen über die geologischen und kulturellen Besonderheiten der Region noch stärker verbreiten.

Der Mëllerdall UNESCO Global Geopark blickt mit Vorfreude auf den kommenden Besuch der Gutachter im Jahr 2025. Mit Stolz wird das Team die Fortschritte und Entwicklungen der letzten Jahre präsentieren. Voller Zuversicht und Engagement bereitet sich der Geopark darauf vor, erneut zu beweisen, dass er den hohen Ansprüchen des UNESCO Global Geopark-Labels gerecht wird und seine einzigartige Region weiterhin in eine nachhaltige Zukunft führen wird.

NATUR & KLIMA

## Und was passiert in unserer Gemeinde?

Ohne zu viel zu verraten können wir zu diesem Zeitpunkt einige Aktionen in der Gemeinde Fischbach für 2025 erwähnen. Es steht die Einweihung des nationalen Géosite 2025 in Fischbach bevor und zudem wird eine engere Zusammenarbeit zwischen dem Natur-& Geopark Mëllerdall und der Angsber Schoul angestrebt, um mit fachlicher Unterstützung, den Kindern, die geologischen Geheimisse ihrer Umgebung näher zu bringen und letztere zum Erforschen ihrer Umgebung zu motivieren, um Zusammenhänge zu begreifen und somit Wertschätzung und Respekt für die Besonderheit ihrer Region zu entwickeln.

## Reykjanes UNESCO Global Geopark

Unter bestem isländischem Sommerwetter, 8°C, strahlendem Sonnenschein und windigen Abschnitten, habe ich mit einigen Teilnehmern der EGN-Konferenz am **"The 100 crater trail – hike"** teilgenommen, einer Vulkanwanderung von rund 14 Kilometern zu den älteren Eruptionsgebieten. Auf dem Weg zum Ausgangspunkt der Wanderung haben wir einen Stopp an der symbolischen Brücke zwischen der nordamerikanischen und der eurasischen Kontinentalplatte gemacht.



*Conny Koob (Natur- & Geopark Mëllerdall), Daniel Moura (commune de Fischbach), Patrick Hierthes (commune de Rosport-Mompach) et Joé Nilles (commune de Berdorf)*

Der Hundert-Krater-Weg führte uns teilweise durch das Lavafeld von Stampar und die Geothermalzone von Reykjanes, vorbei an Schlacken und Schlackenkegeln, dem Tuffsteinberg Sýrfell und weiter zu den Stampar-Kratern. Von dort aus führte der Weg über raue Pahoehoe-Lava und Sanddünen zurück zum Ausganspunkt am Meer bis zum Leuchtturm von Reykjanes.

Gunnuhver ist ein beeindruckendes geothermisches Gebiet, das für eine der stärksten Fumarolen in Island bekannt ist. Diese schwefelhaltige, brodelnde Schlammregion liegt nur wenige Kilometer vom internationalen Flughafen Keflavík entfernt.









Zum Abschluss des Tages haben wir eine Sondergenehmigung bekommen, um uns die Stadt Grindavík und das Besucherzentrum anschauen zu dürfen. Die Hafenstadt plagt sich seit November 2023 mit den Konsequenzen der rezenten Vulkanausbrüche. In der Stadt brachen Gräben auf, Straßen, Infrastruktur und Häuser wurden durch Erdbeben und Bodenbewegungen schwer beschädigt.

Am 14. Januar 2024 gab es erneute Lavaausbrüche, und der Ort musste zum zweiten Mal binnen einiger Monate evakuiert werden. Ein Ausbruch fand in unmittelbarer Nähe der bebauten Fläche von Grindavík statt.



Drei ehemalige Einwohner von Grindavík haben uns im Besucherzentrum empfangen, und uns ihre Geschichte, ihre Sorgen in Bezug auf die Zukunft ihres Dorfes und deren familiären Situationen geschildert. Die Ehrfurcht vor Naturgewalten war allgegenwärtig. Der Austausch mit den Betroffenen an Ort und Stelle hat mich sehr berührt.

Zurzeit wird in Grindavík nur noch der Fischereihafen betrieben, und das Restaurant gegenüber des Besucherzentrums versorgt die Hafenarbeiter tagsüber. Ein seltsames Gefühl überkam mich, als wir mit dem Bus durch die abgeriegelte und fast menschenleere Stadt fuhren und die Schäden an Straßen und Häusern beobachten konnten.

Die Regierung hat ein breites Interventionsprogramm aufgestellt, um die Menschen auf Island vor den Naturgewalten zu schützen, jedoch bleibt die Ungewissheit der Bewohner von Grindavík, ob sie je wieder in ihre Häuser zurückdürfen. Zum Abschluss möchte ich mich bei all den Menschen bedanken, die mir diesen intensiven Austausch auf Island ermöglicht haben.

Naturpakt-Schöffe, Dan Moura &
Natur & Geopark Mëllerdall

D'HEINZELMÄNNERCHER
Äre Service de proximité

Offre spéciale de printemps / Frühlingsangebot

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*
*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

Nous offrons :

**Travaux de jardinage**
Préparation et plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

**Nettoyage de printemps**
Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

Wir bieten an:

**Gartenarbeiten**
Vorbereitung des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden usw.

**Frühjahrsputz**
Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 20 €** par heure et salarié, pro Stunde & Mitarbeiter
**9 €** par heure et machine, pro Stunde & Maschine

TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire



# Die Trinkwasserversorgung im Müllerthal

**04.11.2024 KONSDREF**

**Gemeinden, Verwaltung, Ministerium und Natur- & Geopark Mëllerdall arbeiten eng zusammen für eine einwandfreie Versorgung**

Das Müllerthal ist bekannt für seine beeindruckenden Felsformationen und steilen Täler, die von Bächen und Flüssen durchzogen sind. Die wichtigste Ressource des Müllerthals befindet sich jedoch tief im Untergrund: Das Grundwasser. Unbemerkt bahnt es sich seinen Weg durch die Poren und Klüfte des Luxemburger Sandsteins, der ein wunderbarer Grundwasserspeicher und -filter darstellt, bis es als Quelle wieder an die Oberfläche dringt. Vom Menschen gefasst gelangt es als bestkontrolliertes Lebensmittel, als Trinkwasser, in die Haushalte. Die Region gilt als trinkwasserautark, d.h. der Großteil der Einwohner wird mit Wasser aus gemeindeeigenen Quellen und Bohrungen versorgt.



© Caroline Martin



© Caroline Martin

Es ist wichtig diese wertvolle Ressource, die Lebensgrundlage für Mensch, Tier und Natur ist, sowohl qualitativ als auch quantitativ für die heutige und die nächsten Generationen zu erhalten. Deswegen haben die Gemeinden aus der Region zusammen mit dem Wasserwirtschaftsamt, dem Umweltministerium, dem Minister Wilmes und dem Natur- & Geopark Mëllerdall am 4. November 2024 im Centre Polyvalent „Kuerzwénkel" in Consdorf über die Chancen und Herausforderungen der Trinkwasserversorgung der Region diskutiert und sich über mögliche Ansätze für die Zukunft ausgetauscht.

Nach den Begrüßungen vom Präsidenten des Natur- & Geopark Mëllerdall, Herr Ben Scheuer, vom Bürgermeister der Gemeinde Consdorf, Herr Marco Bermes, und vom Umweltminister Wilmes, haben die Experten von der Wasserverwaltung, Frau Brigitte Lambert, vom Natur- & Geopark, Frau Rachel Krier, und vom Umweltministerium, Herr Tom Schaul, einen interessanten Überblick über die nationale und regionale Trinkwassersituation gegeben. Im Anschluss konnten die Gemeinden ihre Ideen, Anregungen und Belange kundtun. Der Natur- & Geopark Mëllerdall bedankt sich bei allen Beteiligten und freut sich über die enge Zusammenarbeit.

Natur- & Geopark Mëllerdall



© Caroline Martin

# Naturpakt: Bronze Zertifizierung ist erreicht

**14.11.2024 FËSCHBECH**

**Nachdem die Gemeinde Fischbach Ende letzten Jahres im Naturpakt die Basis Zertifizierung mit 43,26% erreicht hat, konnte sie am vergangenen 14. November die Bronze Zertifizierung erhalten und dies mit 52,36%.**




Die zeigt, dass die Gemeinde sehr aktiv in puncto Natur- und Wasserschutz ist, und bestrebt ist den Naturpakt-Maßnahmenkatalog umzusetzen.

Es gibt insgesamt 77 Umsetzungen, und die Gemeinde kann maximal bis zu 233 Punkte bekommen. Viele Umsetzungen wurden bereits in den vergangenen Jahren durchgesetzt. Anhand des Leistungsstandes wird der Zertifizierungszuschuss berechnet und die Gemeinde erhält die Zertifizierung „Naturpakt Gemeng“. Für die Zertifizierung sind vier Stufen vorgesehen: „Basis (40%)“, „Bronze (50%)“, „Silber (60%)“ und „Gold (70%)“.

Um die Gemeinden mit der Umsetzung des Maßnahmenkataloges, hin zu einer nachhaltigen Politik im Bereich des Biodiversitätsschutzes, zu unterstützen, wird ihnen ein Naturpakt-Berater gewährt. Die Gemeinde Fischbach hat sich für eine interne Naturpaktberatung beim Naturpark- & Geopark Mëllerdall ausgesprochen und unterstützt somit die regionale Zusammenarbeit.

Die Gemeinde Fischbach ist neben Echternach die 2. Gemeinde aus dem Natur- und Geopark Mëllerdall welche diese Zertifizierung erreicht hat.

Die Gemeinde Fischbach war sehr aktiv in puncto Naturschutz in den letzten Monaten.



- Schwalbennester wurde aufgehängt
- Ein Beleuchtungskonzept wurde für die Gemeinde geschrieben
- Eine Checkliste für naturfreundliche Gemeindegebäude und PAP's wurde vom Gemeinderat gestimmt
- Die Segetalflora entlang der Feldwege wurde bestimmt
- Das Fällalter der Bäume im Gemeindewald wurde erhöht
- Umweltfreundliche Veranstaltungen wurden in der Gemeinde organisiert
- Gemeindeeigenes Holz wurde in öffentlichen Holzbauprojekten genutzt

Das Naturpaktteam wird sich aber nicht auf Ihren Lorbeeren ausruhen. Nächstes Ziel welches angestrebt wird, ist die Silberzertifizierung.

Naturpakt-Team Gemeng Fëschbech





# Dag vum Bam

**16.11.2024 KRUUCHTEN**



Mitte November ist traditionell die Zeit des „Journée Nationale de l'arbre“, wenn im ganzen Land Bäume und Sträucher gepflanzt werden. Seit seiner Gründung im Jahr 2016 beteiligt sich auch der Natur- & Geopark Mëllerdall mit seinen Mitgliedsgemeinden an diesem Event. Dieses Jahr hatte sich die Gemeinde Nommern als Gastgeber bereit erklärt, um stellvertretend für alle 12 Mitgliedsgemeinden jeweils einen Baum des Jahres 2024 zu pflanzen. So wurden am Samstag, 16. November, 12 Echte Mehlbeeren (Sorbus aria, lux.: Millebier) entlang des Radwegs in Cruchten gepflanzt.

Obwohl es sich um eine heimische Art handelt, kommt sie hierzulande nicht besonders häufig vor und dürfte somit den wenigsten Menschen bekannt sein. Als eher konkurrenzschwacher, mittelgroßer Baum (ca.10 m) ist die Mehlbeere meist in Parks und Gartenanlagen zu finden.

Ihre Eigenart auch mit großer Hitze, längeren Trockenperioden und auf schwierigen Standorten gut zurecht zu kommen, macht sie zu einem idealen Stadt- beziehungsweise Straßenbegleitbaum. Mit Blick auf den immer schneller voranschreitenden Klimawandel besteht durchaus die Möglichkeit, dass die Mehlbeere in Zukunft eine noch wesentlich wichtigere Rolle innerhalb unserer Dörfer und Städte, aber möglicherweise auch in unseren heimischen Wäldern spielen wird.

Nicht weniger wichtig ist die Mehlbeere für die heimische Tierwelt. Ihre weißen Blüten ziehen zahlreiche Insekten an, während die die kleinen, gelb- bis scharlachroten, bis 1,5 Zentimeter großen Früchte (die an kleine Äpfel erinnern) gerne von Vögeln gefressen werden. Da sie bis tief in den Winter an den Bäumen verbleiben stellen sie eine wichtige Nahrungsquelle dar.

Der Trivialname *Mehlbeere* bezieht sich übrigens vermutlich darauf, dass die reifen und getrockneten Früchte früher dem Brotmehl beigemischt wurden um dieses zu strecken und damit süßliches Brot zu backen.

Natur- & Geopark Mëllerdall



# Bamplanzaktioun

**22.11.2024 ANGELSBIERG**

**Mir als Klass 4.1. sinn den 22. November 2024 am Kader vum « Dag vum Bam » de 16.11 mat eiser Joffer Emilie an der Gemeng Beem planze gaang.**

Am Ufank hate mir nach eng schéi Foto virun der Schoul geschoss an hunn eis dann och schonn op de Wee gemaach.

Ukomm, ass e bëssen iwwert d'Äppelbeem, déi mir planze sollten, erzielt ginn a mir kruten erkläert, wat mer maache sollten. Mir hunn deen Dag 5 „Gravensteiner", 5 „Roter Boskoop", 4 „Rambouren" an eng „Lëtzebuerger Rennette" geplanzt.

Duerno hu mir direkt ugefaangen ze planzen. All Kéiers zwee Kanner an en Erwuessenen hunn zesummen ee Bam an de Buedem gesat.

Trotz dem kalen an naasse Schnéi hu mir eis net ënnerkréie gelooss. Mir haten einfach vill Spaass.
Nom Beemplanzen an e Schnéimännche bauen, hu mir eis nees op de Wee a Richtung Schoul gemaach.
Do huet eise Schocki schonn op eis gewaart, deen d´Gemeng eis virbereet huet.

Mir hunn eis de Schocki gutt schmaache gelooss.
Mir soen all deene Léit Merci, déi eis gehollef hunn.

Vum Anna F. fir de Cycle 4.1













NATUR & KLIMA

# UNSERE AUSSTELLUNG ÜBER WALDTIERE

Unsere Klasse aus dem 2. Zyklus hat sich eine Ausstellung über Waldtiere angeschaut.
Die Ausstellung war in der Bibliothek.
Wir haben uns die Tiere angeschaut.
Wir haben gelernt, was die Tiere fressen.
Wir haben über die Besonderheiten geredet.



Das Eichhörnchen hat Pinselohren.
(Diego, Rosela)





Der Fuchs ist ein Raubtier.
Der Fuchs hat große Ohren.
(Jana, Lia)

| Angsber Schoul |





Der Igel hat 8000 Stacheln.
Wenn der Igel Angst hat, dann springt er.
(Lara, Liam)



Der Eichelhäher ist die Waldpolizei, weil er, wenn er einen Feind sieht laut schreit, um die anderen Tiere zu warnen.
Wenn man die Feder von einem Eichelhäher findet, hat man eine Glücksfeder.
(Leana, Amy)



Die Waldohreule hat Federohren.
Die Waldohreule ist in der Nacht lautlos, damit die Mäuse sie nicht hören, wenn sie zugreift.
(Melanie, Antoine, David)



Das Wildschwein hat ein Borstenfell.
Es kann mit seiner Schnauze im Boden graben.
(Alexander, Lina)

# Cycleiwwergräifenden Hierschtnomëtteg an der Angsber Schoul























# Lesenacht des Cycle 4.2

Am 14.November 2024 hatte das sechste Schuljahr der Angsber Schule eine Lesenacht. Als alle da waren, richteten die Jungs sich im Klassensaal und die Mädchen im Mathesaal ein. Danach zogen wir unseren Pyjama an und haben das Buch angefangen zu lesen. Es war ein französisches Buch namens, „Meurtre au poulailler“. Um halb acht saßen wir alle am großen Tisch und haben Makkaroni gegessen. Nach dem Essen haben wir das Buch fertiggelesen. Wir waren ungefähr um zehn Uhr fertig mit dem Lesen. Danach haben wir eine Nachtwanderung gemacht und Lenas Kuchen gegessen. Auf der Nachtwanderung haben viele Kinder probiert die anderen zu erschrecken. Als wir wieder zurück waren, haben wir eine Runde Verstecken gespielt und nachher noch eine Runde „Loup garou“. Kurz vor zwölf Uhr mussten wir ins Bett. Da Louis am nächsten Tag Geburtstag hatte, wollten die Mädchen genau um 0:00 zu den Jungen ins Zimmer gehen und ihm Happy Birthday wünschen. Gesagt getan! Als wir wieder in unser Zimmer gegangen sind, konnten wir vor Aufregung nicht einschlafen und haben unsere Matten, die wir von der Maison Relais geliehen bekommen haben, anders gelegt, damit wir näher zusammenliegen und besser reden konnten. Lehrerin Emilie hat bei den Mädchen geschlafen und Lehrerin Sarah bei den Jungs. Am Morgen wurden wir von der Lehrerin geweckt und haben Frühstück gegessen.

Jana und Mathilda










# Mir bake fir d'Adventsfënster







# LÉIWE KLEESCHEN ...



















# … GUDDE KLEESCHEN









# Adventsfënster

**Och dëst Joer huet d'Crèche Am Kuebenascht un der Adventsfënster deel geholl. Zesumme mat eise Kanner hu mir eis vill Méi ginn eis grouss Entréesdier wanterlech a festlech ze dekoréieren.**

D'Fënster gouf mat eise Kanner an hieren Elteren den 11. Dezember um 17:00 fir d'éischt beliicht.
Dunn gouf et kleng Snacks, leckert Gebäck an eppes Waarmes ze drénken.

Och fir d'Animatioun war gesuergt ginn: Tatoos zum Thema Chrëschtdag, eng Beweegungsbaustell an e Spilleck mat diversem Material, dat ganzt begleet vu Chrëschtmusek fir eng méi locker Atmosphär ze gestalten.

D'Kanner hunn sech schéin amuséiert an d'Erwuessener hunn e gudde Moment verbruecht, a vum lesse war dono och net méi vill ze gesinn, esou datt ee soe kann datt et een erfolleg-räichen an ee flotten Owend wor 😊.





















# Im Wald

Am 29. Oktober waren wir im Wald mit der MR. Es war sehr interessant und cool. Ich und mein Freund haben ein Puzzle auf dem Waldweg verteilt.
Die anderen Kinder mussten alle Puzzlteile finden. Dann haben Benjamin, Sabrina und ich Feuer gemacht. Wir haben Würstchen gegrillt. Es gab auch Gemüse-sticks und Popcorn.














Nach dem Essen haben wir Hütten gebaut. Die Hütten sahen bei jedem anders aus. Im Wald haben Raian und ich einen Teich gefunden. Dann sind wir einen Waldweg gegangen, um dort mit dem Bummelbus zurück in die MR zu fahren.

Als Abschluss konnten wir uns alle eine Waldkrone basteln und ich las den anderen Kindern die Geschichte „Die Streithörnchen" vor.
Tschüss Wald, bis zum nächsten Mal.
Daniel





WÉI HUTT DIR DEN BËSCHDAG FONNT? (AUSSOEN VUN DE KANNER)

„MIR SINN VILL GETRËPPELT. ECH HUNN VILL MAM GABRIEL GESPILLT. ET WAR ALLES GUTT." - DJUNA

"ET HUET VILL SPAASS GEMAACH, ET WAR ENG FLOTT PLAZ." - DANIEL

"ALLES WAR SCHÉIN. D'GROMPEREN AN D'KICHELCHER WAREN LECKER." - LYO

"MIR HUDD AM BESCHTEN GEFALL, DAT MIR AM BËSCH KONNTE SPILLEN AN DO GIESS HUNN. DE POPCORN WAR SUPER." - RITA

"ECH WAR FROU, DA TECH EEN BENGEL FONT HUNN." - JOSEPH

"ECH HUNN ET SCHÉIN FONNT MAT DEN BENGELEN ZE SPILLEN." - MARINA



# Meng Gemeng an ech !

**Am Kader vun engem neie Projet an der Maison Relais kucke mir eis ëm wat et alles an eiser Gemeng ze entdecke gëtt a schaffe mat Läit aus der Gemeng zesumme fir de Kanner hiert d'Handwierk oder Hobbye méi no ze brénge.**

Virun eisem Projet hate mir scho reegelméissege Kontakt mam Fierschter a senger Ekipp fir Brennholz, dat mir fir eis Aktivitéiten um Feier verbrauchen.
Fir eis Kach- a Bakaktivitéiten kréie mir ëmmer frësch Eeër aus dem Duerf vun der Famill Martins.

Am Summer hate mir eng Zesummenaarbecht mat der Famill Kolber vu Schous.

Bei schéinem Summerwieder hunn mir eis den 30. August mat engem Grupp Kanner op de Wee op Schous bei de Felix Kolber an seng Famill gemaach. Op engem klenge Feld huet de Felix am Fréijoer Grompere gesat a mir hunn him op dem Dag gehollef Grompere erausshuelen. De Felix a säi Papp Roger hunn eis erkläert, wéi a wéini si d'Grompere gesat hunn an eis e Video gewisen, wou mir alles genau gesinn hunn.














Fir d'Gromperen aus dem Buedem ze kréien ass de Felix mat sengem Trakter an enger Schleider iwwert d'Reie gefuer. D'Grompere sinn lenks a riets aus dem Buedem komm. Wéi den Trakter dunn aus war, si mir mat den Eemeren hannendrun gaang an hu Gromperen all opgeraf. Dat huet Spaass gemaach. Séier waren d'Eemere voll a mir hunn se a Säck ëmgefëllt. No enger Rei Gromperen hat d'Maschinn een technesche Problem. Dat huet eis awer net d'Laun verduerwen a mir hunn mat engem Greef weider d'Grompere erausgeholl.

No 2,5 Stonnen um Feld, mat léiwer Verpfleegung mat Kuch, hate mir 4 Säck Grompere erausgeholl, insgesamt waren dat 100 kg Grompere. 4 Kilo hu mir matgeholl fir mëttes an der Maison Relais ze verschaffen.

No dësem flotte Moien hu mir eis Hëllef och schonn am Fréijoer fir d'Setze vun de neie Gromperen ugebueden.










ENSEIGNEMENT & ERZIEUNG

Mëttes hu mir eis Grompere verschafft. Nieft Gromperenzopp, gequellte Gromper a gebootschte Gromperen hu mir och Gromperekichelcher um Feier preparéiert. Dëst hu mir a gemëschte Gruppe gemaach. Sou konnten déi Grouss deene Klengen eng Hand mat upaken.. Nodeems all Gromperemenuer fäerdeg waren hu mir se an de Restaurant op de Buffet gestallt a jidderee konnt vun dem anere Grupp sengem Menue schmaachen.

Fazit vum Dag war dat selwer gerafen a verschaffte Gromperen am Beschten schmaachen.
















D'Waarden op e weidere Metten mam Roger huet net laang gedauert. D'Äppel waren zeideg a wollte verschafft ginn. 4 Eemeren Äppel si mir déi Woch virdrun op Schous rafen gaang. Ee klengen Opruff an de Roger krut Äppel vun der Famill Damgé zur Verfügung gestallt.

Den 8. Oktober war et da souwäit an de Roger ass mat senger Äppelpress a sengem Unhänger mat Äppel an d'Maison Relais komm. Vir d'éischt sinn d'Äppel am Unhänger ofgewäsch ginn, éier se weider verschafft goufen.

Nodeems mir eis Muskelen agesat hunn, ass de Viz gelaf. Nom Pressen ass den „Kuch" iwwreg bliwwen. De Viz hu mir an Fläschen ëmgefëllt an eis en den Dag duerno beim Mëttegiesse schmaache gelooss.











Am Dezember op der Adventsfënster zesumme mat der Schoul krute mir Material, fir Fotokulissen ze gestalten, vun der Powderlounge vum Carrie Fiorese vu Fëschbech zur Verfügung gestallt.

All eise Partner op dëser Plaz nach eng Kéier ee grousse Merci a mir freeën eis op eng weider Zesummenaarbecht mat intresséierten a motivéierte Läit aus eiser Gemeng.

| Maison Relais |

# Adventsfënster

Virun der Allerhellgen Vakanz huet sech een Organisatiounsteam, mat Personal aus der Maison Relais a Léierpersonal zesumme gesat fir éischt Iddien vun enger gemeinsamer Adventsfënsteren ze sichen. No der Vakanz ass d'Personal vun der Maison Relais Mëttwochs a Freides an déi eenzel Klassen hëllefe gaang. Beim Bastelen, Molen a Baue sinn no an no Fënstere mat verschiddenem Naturmaterial entstan.

No 4 Woche waren d'Fënsteren dunn fäerdeg an den 3. Dezember war et souwäit.

Um 12:00 Auer huet e klenge Grupp Kanner an der Maison Relais ugefaang de Chili con carne um Feier virzebereeden. Um 14:00 Auer war de Chili souwäit fäerdeg a konnt bis owes lues um Feier weider kachen.

Aner Statiounen, wéi Stockbrout, Gedrénks- an Iessstatioun sinn nach opgeriicht ginn. Am Turnsall gouf eng flott Fotowand installéiert mam Material dat mir vun der „ Powderlounge " (Carrie Fiorese) zu Verfügung gestallt kruten. D'Gemeng huet eis beim Ophänke vun de Liichterketten a Liwwerung vum Kichematerial ënnert d'Äerm gegraff. Heifir nach eng Kéier ee grousse Merci un iech all!

Um 18:00 Auer war et dunn souwäit. Éier d'Fënstere beliicht goufen, hunn d'Kanner ee Lidd zesummen ugestëmmt. Duerno hu mir de Kanner, Elteren a Läit aus der Gemeng Kichelcher, Schocki, Glühwäin, Chili sin/con carne offréiert. Donieft konnten d'Kanner mat hiren Eltere Stockbrout um Feier baacken.















ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

# Ausfluch an d'Grotte de Han

**AMICALE VUN DE POMPJEEËN GEMENG FËSCHBECH** 15.09.2024












# D'Fraen a Mammen hunn den 30. Joresdag vun hirer Grënnung gefeiert

**ACFL** 28.09.2024 **SCHOUS**

No enger Mass fir eis liewend a verstuerwen Memberen an engem klengen Iwwerraschungsconcert gouf et den Appéritif an e gudde Maufel op der Héicht.








# Journée du Grand-Âge

**SENIOREVERÄIN** **13.10.2024 SCHOUS**

























# Kéisowend

**WIICHTELCHER VU SCHOUS** **08.11.2024 SCHOUS**





# 't ass Kiermes am Duerf

**CHORALE FËSCHBECH - ANGELSBIERG - SCHOUS** **05.10.2024 / 17.11.2024**


Angelsbierg


Fëschbech



| Wat war lass? |


Schous

# Kiermesham

**AMICALE VUN DE POMPJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **17.11.2024 SCHOUS**









# Krimi-Dinner fir 60 Joer Theaterveräin

**26.10.2024 SCHOUS**

**THEATERVERÄIN**















# Cäciliefeier

**CHORALE FËSCHBECH - ANGELSBIERG - SCHOUS** **01.12.2023 FËSCHBECH**

E Sonndeg den 1. Dezember huet eis Chorale eng feierlech Cécilie Mass zu Fëschbech gesongen. Bei där Geleeënheet ass och en Deel vum Erléis vun eisem Parfest iwwerreecht ginn. Ee Scheck an der Héicht vun 2000 € huet Madamm Uhry, Präsidentin vun ZAK entgéint geholl. Madamm Uhry huet der Chorale Merci gesot.

Den ZAK ass eng A.S.B.L. déi mat villen fräiwëllege Leit, Aktivitéite fir Kanner mat an ouni Behënnerung organiséiert an duerchféiert! Des inklusiv Associatioun kritt keng Ënnerstëtzung vun offizieller Säit an ass frou fir all Don, mat deenen si weider Aktivitéite fir t' Kanner mat verschiddenen Behënnerunge kënnen ubieden.

Deen zweete Scheck an Héicht vun 1000 € ass un de Kierchefong iwwerreecht ginn. De Kierchefong vun der Gemeng Fëschbech dréit zum Erhale vun eise Kierchen aus der Gemeng Fëschbech bei.

No der Mass hunn d'Membere vun der Chorale zesumme mat de Leit déi um Parfest gehollef hunn, bei engem gudden Iessen nach e puer flott Stonne verbruecht.



# Mir gratuléieren

Dem Misch Daems vu Schous wënsche mir am Numm vun der Gemeng an och an eisem Numm all Guddes fir seng 80 Joer a virun allem eng gudd Gesondheet.

De Misch ass de 17. Oktober 1944, also am zweete Weltkrich, als eelst vu 6 Kanner zu Helden an Holland, ongeféier 10 Km vun der Däitscher Grenz ewech, gebuer. Een Deel vu senger Kandheet huet hien op hirem Haff an Holland verbruecht an ass do bis am 5te Schouljoer an d'Primärschoul gaangen. Am September 1955 si seng Elteren dunn op Lëtzebuerg geplënnert fir zu Märel als Verwalter een Haff unzegoen. De Misch ass zu Märel an d'Primärschoul gaangen wou hien dunn Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch geléiert huet. Duerno ass d'Famill dunn op Gonnereng geplënnert wou de Misch seng Primärschoul fäerdeg gemaach huet. Wéinst dem Retard an de Friemsproochen konnt hien awer zu däer Zäit néirens een Opnamexamen maachen an ass dunn an d'Beruffsschoul gaangen wou hien de Beruff vum Automécanicien geléiert huet an d'Gesellepréifung gemaach huet. Nodeems seng Elteren dunn op Steeën geplënnert sinn, wärend de Misch a verschidde Garagen konnt schaffen, huet säi Papp, deen op der Fonderie zu Miersch ugestallt war, den Haff Calteux zu Schous gesteet a renovéiert.

1967 konnt dunn op Schous geplënnert ginn. De Misch hat zu däer Zäit all Führerschäiner gemaach déi et nëmme goufen an huet sech 1968 op der Goodyear an d'Testgarage engagéiert.

1968 huet hien awer och säi Marie-Louise kenne geléiert, a sech 1969 mat him bestued. Zesumme si Sie op Feelen wunne gaangen. Do krute Sie zwee Bouwen, de Mike an de Fränk.

Lues awer sécher gouf et zu Feelen ze enk an esou hunn d'Marie-Louise an de Misch 1972 zu Schous op der Héicht een Terrain kaaft. De Misch huet sech selwer ee Plang gezeechent, alles ausgerechent an huet deen Original haut nach. Och déi eenzel Moosse vun den Zëmmeren weess hien haut nach zimmlech genee auswenneg. Hien huet eng Baugeneemegung ugefrot a krut gesot hien duerft ufänken. No der Fäerdechstellung vum sëlwer gebauten Eegenheem ass déi jonk Famill de Juni 1975 op Schous geplënnert wou nach een 3. Bouf sollt gebuer ginn, de Jo, a wunnt do elo zanter méi wéi 49 Joer. Hir 3 Jongen de Mike, de Fränk an de Jo hunn hinnen zesummen 5 Enkelkanner geschenkt.

De Misch war 33 Joer op der Goodyear als Testchauffeur, Betriebschauffeur an als Direktiounschauffeur a wär a senger Carrière an Italien, Schwäiz, England, Holland, Däitschland, Frankräich an an der Belsch mat Leit aus aller Welt ënnerwee. De Misch ass den 1. Januar 2002 a Pensioun gaangen an huet sech vun do un ganz sengen Hobbyen higinn, doheem um Haus an a sengem Gaart a Park schaffen. De Misch a d`Marie-Louise waren hiert Liewe laang Veräinsmënschen: op am Gesang, de Pompjeeën, dem Theaterveräin, dem Uergelbauveräin, als Koschter, an der Elterevereenegung, an awer och op der Keelebunn huet de Misch seele gefeelt. Och wéi d'Fëschber Kierch renovéiert an d'Uergel nei opgeriicht gouf huet de Misch als Tresorier vun der Kierchefabrik d'Präisser an d'Pläng ugefrot, verglach awer och gehollef a wochelaanger Montageaarbecht d'Uergel mat opzeriichten.

De Schäfferot vun der Gemeng Fëschbech hat d'Freed an d'Éier dem Misch op sengem Gebuertsdag, de 17. Oktober 2024, fir seng 80 Joer am Krees vu senger Famill ze gratuléieren a gouf dobäi natierlech vum Marie-Louise mat engem gudde Patt a Maufel verwinnt.



MICH DAEMS









CORNELIS VAN DER HORST

De Schäfferot hat am Dezember d'Éier dem Cornelius (Kees) Van der Horst fir säin 80. Gebuertsdag ze gratuléieren. De Kees ass den 30. Oktober 1944 an de lëschte Krichsméint an Holland op Welt komm an huet bis 1975 zu Amsterdam gelieft. Hien huet Werkzeugbau a Soziologie studéiert. Seng Fra d'Adriana aus Mailand huet de Kees zu London kenne geléiert a si hu sech 1970 zu Roum bestuet. Aus hirer Léift ass 1972 eng Famill ginn, wéi hire Jong, de Ralph op d'Welt komm ass.

1976 ass d'Famill op Lëtzebuerg komm an do huet de Kees bei der Europäescher Kommissioun am Iwwersetzer Service an der technescher Terminologie ugefaang. Duerno gouf hie verantwortlech fir d'Digitaliséierung a Moderniséierung souwéi fir d'Informatioun a Kommunikatioun vum Iwwersetzungsdéngscht. Tëschenzäit war hien och responsabel fir den estneschen Iwwersetzungsservice a vum Service Terminologie bis seng Pensioun am Joer 2009. Nodeems si 8 Joer zu Dummeldeng gewunnt hunn, ass d'Famill 1984 op Schous geplënnert, wou Si elo säit 40 Joer wunnen.

De Kees huet eis och vu sengen Hobbye gezielt, woubäi dee gréisste sécherlech säi Gaart ass. Hien huet gäre fotographéiert a Modellschëffer gebastelt. Antik Auere sammelen huet hie vu sengem Papp geierft a et geet näischt iwwert e gutt Buch liesen, respektiv als Audiodatei ze lauschteren. No zwee Mandater an der Integratiounskommissioun vun der Gemeng ass et dann elo virun allem Zäit mam Adriana an Italien ze verbréngen.

Als Zeeche vun der Unerkennung vun der Gaaschtfrëndlechkeet vu Lëtzebuerg, huet de Kees virun e puer Joer decidéiert déi Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen.

Mir wënschen dem Kees am Numm vun der Gemeng Fëschbech all Guddes fir seng 80 Joer.

# 2025

▶ **Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

## JANUAR

**11** **GENERALVERSAMMLUNG**
Schous / Amicale vun de Pompjeeën

**21** **GENERALVERSAMMLUNG**
Schous / ACFL

**25/26/31**
**THEATER**
Schous / Theaterveräin

## FEBRUAR

**01** **THEATER**
Schous / Theaterveräin

**02** **LIICHTMËSSDAG**
Schoulkanner gi liichten

**14** **HIERKEFEST**
Schous / Senioreveräin

**23** **KANNERFUESBAL**
Schous / Amicale vun de Pompjeeën

**27** **FETTEN DONNESCHDEN**
Schoulkanner ginn heeschen

**28** **HEXEBAL**
Schous / Club des Jeunes

## MÄERZ

**02** **MAM BUS OP DIEKRECHER CAVALCADE**
Club des Jeunes

**07** **GENERALVERSAMMLUNG**
Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**08** **BUERGBRENNEN**
Fëschbech / Amicale Maarkollef

**09** **BUERGBRENNEN**
Angelsbierg / Club des Jeunes
**BUERGBRENNEN**
Schous / Wiichtelcher

**15** **MULTIKULTI-FESTIVAL**
Schous / Kommissioun vum Zesummeliewen

**23** **CHOUCROUTE GARNIE**
Schous / Spuerveräin

**29** **GROUSS BOTZ**
Gemeng / Natur-Pakt Team

## ABRËLL

**06** **GENERALVERSAMMLUNG**
Schous / Senioreveräin

**17 - 19**
**KLIBBERKANNER SINN ËNNERWEE**

**19** **KLIBBERKANNER GINN OPHIEWEN**



## MEE

**01** **EISCHT MEEFEIER**
Schous / Wiichtelcher

**04** **SPARGELIESSEN**
Schous / Senioreveräin

**09** **EUROPADAG**

**18** **50-JOER FEIER**
Schous / Spuerveräin

## JUNI

**02 - 08**
**MËLLERDALL DAYS 2025**
Fëschbech / Natur- a Geopark Mëllerdall

**08** **MAMMENDAG**

**16** **NUIT DES SPORTS**
Filano / Kommissioun vum Zesummeliewen

**22** **VIRMËTTEG VUN NATIONALFEIERDAG**
Fëschbech a Schous / Gemeng

**28** **FËSCHBER NOPESCHFEST**
Fëschbech / Fëschber Nopeschfest

## JULI

**03** **GRILLPARTY**
Schous / Senioreveräin

**11** **SCHOULFEST**
Schous / APEF

**20** **PARFEST**
Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

## AUGUST

**15** **MARIA HIMMELFAHRT**

## SEPTEMBER

**26** **JOURNÉE VUN DEN NEIE WANDERWEEËR**

## OKTOBER

**04** **HÄMMELSMARSCH**
Angelsbierg / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**05** **ANGSBER KIERMES**

**PAPPENDAG**

**09** **MAMMEN- A PAPPENDAGSFEIER**
Schous / Senioreveräin

**12** **JOURNÉE DU GRAND-ÂGE**
Schous / Senioreveräin

**19** **KOMMEMORATIOUNSDAG**

## NOVEMBER

**09** **KAFFISBUFFET**
Schous / Kommissioun fir d'Ennerstëtz-ung vu lokalen, fair gehandelten a biologesch Produiten + APEF

**15** **HÄMMELSMARSCH**
Fëschbech a Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**16** **KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT**
Schous / Amicale vun de Pompjeeën

**FËSCHBER A SCHÉISSER KIERMES**

**23** **SCHLUECHTFEST**
Schous / Senioreveräin

## DEZEMBER

**1 - 24**
**AKTIOUN ADVËNTSFËNSTER**
Kommissioun vum Zesummeliewen

**04** **DE KLEESCHE KËNNT BEI DÉI GANZ KLENG**
Schous / Gemeng

**05** **DE KLEESCHE KËNNT AN D'SCHOUL**
Angsber Schoul / Gemeng

**DE KLEESCHE FIERT DUERCH D'GEMENG**
CDJ Angelsbierg

## SCHOULVAKANZEN

**FUESVAKANZ**
15.02.2025-23.02.2025

**OUSCHTERVAKANZ**
05.04.2025-20.04.2025

**PËNGSCHTVAKANZ**
24.05.2025-01.06.2025

**GROUSS VAKANZ**
16.07.2025-14.09.2025

**ALLERHELLGEVAKANZ**
01.11.2025-09.11.2025

**CHRËSCHTVAKANZ**
20.12.2025-04.01.2026




**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Tous les matins de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres midis: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS — 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN — 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA — 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Jessica DURIEUX — 32 70 84 - 26
jessica.durieux@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN — 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES — 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER — 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX — 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR — 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

Naturpark Mëllerdall Geopark

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
50%